

Methodendossier – Inhalt

Virwuert	3
I. Lord Robert Baden-Powell	4
2. Eng Method bei de Wëllefcher, firwat ?	7
3. D’Kand am Wëllefchersalter	13
4. D’Spill bei de Wëllefcher	16
5. D’Ruddel an d’Sizaine	19
6. Dem Kand säi Wee bei de Wëllefcher an déi entspriechend Fester	23
7. Aktivitéiten am Ruddel	29
8. Aktivitéiten : Tableau Administratioun	47
9. De Bilan	48
10. Schrëtt fir Schrëtt . Dem Wëllefche seng Schrëtt op deene 5 Pisten	49
II. Opdeelen vun de Schrëtt no Themen	89

Virwuert

Léif Cheftainen a Chef!

Virun 10 Joer, no der Fusioun, koum déi nei Method fir d' « WiWël » zustanen. D'Philosophie vun där Method ass nach ëmmer aktuell a gëlt och nach weiderhin.

Verschiedde Remarken, Bedenken, Feed-Backen.... vun iech Cheftainen a Chef, hunn eis den Ustouss ginn, déi bestehend Method ze iwwerschaffen. Sou war är Meenung vun Ufank un a während der ganzer Aarbecht fir eis wichteg. No der Ëmfro um Chefdag 2005, wou dir eis ganz konstruktiv Iddië mat op de Wee ginn hutt, hu mir eis un d'Aarbecht gemaach. Um Recyclagedag 2006 hu mir iech eng éischt Versioun presentéiert, mat iech diskutéiert a mat ären Iddië weidergefouert.

Am September 2006 ass dunn d'Pistebichelche „Schrëtt fir Schrëtt“ fir d'Wëllefcher erauskomm.

Mir hoffen, dass dat neit Pistebichelchen iech an äre Wëllefcher gefällt an hoffen, dass dese Methodendossier iech d'Aarbecht erliichtert.

Mir wollte vun deser Geleeënheet profitéieren iech en décke Merci ze soe fir äert Engagement, dat dir Woch fir Woch an ären Aktivitéite weist, a wënschen iech weiderhi vill Spaass an ärem Ruddel.

Lëtzebuerg, 2007

Fir d'Wëllefchersequipe

Ginette Krier
Wëllefcherscommissaire

Christiane Feltes
Wëllefcherscommissaire adjointe

1. Lord Robert Baden-Powell : Grënner vun de Guiden a Scouten (1857-1941)

1857, den 22. Februar gouf de Robert Stephenson Smyth Baden-Powell zu London gebuer. Säi Papp, deen 3 Joer drop gestuerwen ass, war en anglikanesche Geeschtlechen a Professor op der Universitét zu Oxford. Seng Mamm war d'Duechter vum Admirol W.H. Smyth, e Matbegrënner vun der „Royal Geographical Society“. Dem Robert seng Mamm, eng staark Fra, hat et ganz schwéier hir 7 Kanner duerchzekeréien. Mat vill Léift a Courage huet si hir Kanner erzunn a si geléiert Verantwortung ze droen, selbstänneg ze ginn an all Mënschen ze respektéieren.

1870 kënnt de Robert zu London an de „Charterhouse College“. Während senger Internatszäit hat de B.P. déi meeschte Freed an dem verwëlde Park fir Déierespueren ze sichen an d'Natur kennen ze léieren. Dëst Wëssen huet him gehollef, wann e mat senger Frënn Reesen ënnerholl huet. Si hu sech un der Sonn an de Stären orientéiert, dohause campéiert an um Feier gekacht. Dëst hu si selwer organiséiert a sech d'Chargen ënnerteneen opgedeelt.

1876, am Alter vun 19 Joer, ass de B.P. bei d'britesch Arméi komm. En huet sech fir d'Kavallerie entscheed an där dat selwecht Joer säin Déngscht an Indien, enger britescher Kolonie, untrieden. Während seng Komerode sech gelangweilt hunn, ass hien am Dschungel erëmgeschlach, fir déi wëll Déieren ze beobachten. Fir seng gelangweilte Kollegen huet hien Theaterstécker a Lidder geschriwwen. Seng Virgesetzten hu vu sengen Talenter héieren, dofir krut hien d'Charge sech ëm d'Ausbildung vun de „Scouts“ ze këmmere. „Scouts“ goufen agesat fir d'Lager vun de Géigner auszekundschaften. Bei der Ausbildung huet de B.P. kee Wäert op Drill geluegt, mee si krute vun him Iddien an Tippen a sollten aus hiren eegenen Erfahrung léieren. „Learning by doing“ huet hien dës Method genannt.

1884 gëtt de B.P. eng éischte Kéier a Südafrika geschéckt.

1889 – 1892 war hien als Spioun an Europa an an Asien ënnerwee, wou hie sech oft als „Schmetterlingsjäger“ verkleet huet, fir esou z.B. eng Festung ze erkunden.

1897 ass hien zum Colonel ernannt ginn.

1899 – 1900 huet de B.P. am Burekrich d' Stad Mafeking verdeedegt a gouf doropshin zum General ernannt. De Krich gouf gewonnen, well de B.P. d' Bouwe fir kleng Déngschter erugezunn huet, z.B. fir Messagen heemlech ze droen, Posten ze stoen, Nom Krich huet hien d' Buch „Aids to Scouting“ erausginn.

1907 huet hie mat 21 Jongen aus deene verschiddenste soziale Schichten den 1. Scoutscamp op der Insel Brownsea gehal.

1908 goufen d' Scouten offiziell gegrënnt. Duerno huet hien d' Buch „Scouting for Boys“ geschriwen.

1909, um 1. Scouts rally zu London ass eng Patrull Meedercher opgetrueden. De B.P. huet si „Girl-Guides“ genannt.

1910 ginn d' Guiden offiziell gegrënnt. Dem B.P. seng Schwëster d' Agnes Baden-Powell gëtt Presidentin.

1910 gëtt hie seng Demissioun an der Arméi, fir sech ganz an den Déngscht vum Scoutissem ze stellen.

1912, op enger Rees an Amerika léiert de B.P. d' Miss Olave St Clair Soames kennen. Et ass direkt déi grouss Léift an nach dat selwecht Joer ginn si bestued. D' Olave gëtt fir de B.P. eng dreiwend Kraaft an iwwerhëlt den Opbau vum Guidemovement.

1916 goufen d' Wëllefcher gegrënnt.

1918 sinn d' Rover entstan.

1919 kruten d' Scouten de Gilwell-Park no bei London vun engem schotteschen Adlege geschenkt. De Gilwell-Park ass eng grouss Propriétéit mat enger aler Ferme. Scho geschwë sinn do Ausbildungscourë fir Chef ugaang.

1920 war den 1. Internationalen Jamboree mat 8000 Scouten zu London. Do ass de B.P. zum „Chief-Scout of the World“ ernannt ginn. All 4 Joer ass esou een internationaalt Treffen.

1922 ginn de Weltcomité, d'Weltkonferenz an den internationale Bureau vum Scoutsmouvement gegrënnt.

1930 – 1937 reesen de B.P. a seng Fra duerch d'ganz Welt fir d'Guiden an d'Scouten ze besichen.

1937 seet de B.P. op engem Jamboree zu Vogelensang an Holland, de Scouten offiziell awuer. Hien zitt sech mat senger Fra an de Kenia zréck.

1941 den 8. Januar stierft de B.P. am Alter vu 84 Joer zu Nyeri am Kenia, a gouf och do begruuewen.

Op sengem Graf steet folgenden Text:

Ech hu meng Missioun erfëllt a sinn heem gaang. §

A sengem leschte Bréif schreift de B.P.:

„Versich d'Welt e bësse besser ze verloossen, wéis du se virfonnt hues.“



2. Eng Method bei de Wëllefcher, firwat?

2.1. Ausriichtung an Ziler

Eent vun den Ziler vum Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten ass erzéieresch Aarbecht ze leeschten. Déi erzéieresch Aarbecht vum Verband baséiert op den Iddien an der Pedagogik vum Lord Robert Baden-Powell. Grousst Zil vum Guidissem/Scoutissem ass de perséinleche Fortschrëtt vun all Kand a senger jeeweileger Branche an zousätzlech a senger ganzer Carrière an de Guiden a Scouten. All Member soll versiche kënnen seng kierperlech, geeschteg, moralesch, affektiv, sozial, reliéis an ethesch Kompetenze progressiv ze entwéckelen. Guidissem/Scoutissem soll de Kanner hëllef sech an der Welt ze orientéieren an hinne Méiglechkeete bidden, fir nei Saachen auszeprobéieren a wäertvoll Erfahrungen ze sammelen. Eis Pedagogik baut op op eng ganz Rëtsch vu Wäerter, déi mir probéieren de Kanner ze vermëttelen:

- Hëllefsbereitschaft a Rücksichtnahm,
- Éierlechkeet an Zouverlässegkeet,
- Uechtung virun dem aneren an dem anescht sinn,
- e responsaabelt Ëmgoe mat eiser Ëmwelt.

Bei de Guiden a Scoute sollen d'Kanner awer och Frëndschaft erfueren, Courage an Ausdauer vermëttelt kréien, sech am Grupp wuel spiren a léiere sech fir de Fridden an d'Gerechtegkeet anzesetzen.

Eis erzéieresch Ziler ënnerscheiden eis vun anere Veräiner oder Jugendmouvementer. Si sinn am Mëttelpunkt vun eisen Aktivitéiten. Dës Ziler sinn am Gesetz fir d'Wëllefcher zesummegefaasst.

2.2. D'Gesetz bei de Wëllefcher

Bei de Guiden a Scoute soll d'Gesetz eng allgemeng Liewenshaltung erausfuerechen an déi Wäerter, déi mer wëlle vermëttelen, de Kanner bewosst maachen. Jiddferee soll probéieren dës Ziler no senge Méiglechkeeten unzestriewen.

Fir dass d'Kanner dës Ziler verstinn, ass d'Gesetz vun de Lëtzebuerger Guiden a Scoute fir d'Wëllefcher adaptéiert ginn:

**Als Wëllefche probéieren ech e gudde Frënd ze sinn;
halen ech mech fit a passen op mäi Kierper op;
probéieren ech frou ze sinn an halen duer,
och wann et Krämpes kascht;
léieren ech meng Ëmwelt kennen a passen drop op;
wëll ech am Ruddel gutt matschaffen a si bereet aneren ze hëllefen.**

Et gött kee perfekte Wëllefchen erwaart, an et soll kengem Kand eppes opgezwoenge ginn. Am Ruddel gött awer probéiert op dës Ziler hin ze schaffen. D'Wëllefcher si just eng Etapp um Kand sengem Wee zum Erwuesseginn. An deenen anere Branchë ginn dës Ziler weider verdëft. Och a sengem Liewen ausserhalb vum Ruddel sollen dës Iwwerzeegungen d'Kand begleeden. Wëllefche respektiv Guide/Scout sinn hält net no der Versammlung op, mee soll eng Liewensastellung ginn.

Dës Ziler kënnen mer awer nëmmen errechen

- wa mir et fäerdeg bréngen, datt d'Kanner op hir Manéier verstinn, wat dës Ziler heeschen;
- wa mir si motivéiert kréien, op dës Ziler hin ze schaffen.

D'Astellung vum Chef huet heibäi eng zentral Roll. Nëmme wann de Chef dës Iwwerzeegunge virliift a vermëttelt, kënnen d'Wëllefcher se verstoen an unhuelen.

2.3. Op wat baut d'Wëllefchersmethod op ?

Als symboleschen Hannergrond vun der Wëllefchersmethod huet de B.P. dem Rudyard Kipling säin "Dschungelbuch" erausgesicht. Dëst ass eng Sammlung vun Erzielungen a Geschichten, déi em déi selbstverständlech Frëndschaft tëschent Mënsch an Natur dréien. Déi zwee Bänn vun der Dschungelgeschichte sinn am 19te Jorhonnert erauskomm. Déi wuel bekanntsten Erzielungen doran handele vum deem klengen Mowgli. An dëser Geschicht gëtt e Jong, de Mowgli, am Dschungel ausgesat, gëtt vun den Déieren aus dem Dschungel opgehol. Dacks huet hien et net einfach um Wee zum Erwuesseginn a geréit vun engem Abenteuer an dat anert. Mee seng Frënn aus dem Dschungel stinn him daper zur Säit. Nieft der Mowgli-Geschicht kommen am Dschungelbuch awer och nach eng Rëtsch aner Figure vir, sou zum Beispill dee schlaue Villchen Darzee oder de Kotick, e Séihond. D'Dschungelbuch, dat vill Parallelen zu eiser Gesellschaft opweisst, liwwert net nëmmen e flottent, abenteuerlechen a kandsgerechte Kader fir eis Aktivitéiten, mee huet doriwwer eraus och nach e ganze Koup erzéieresch Wäerter, déi mir dem Kand wëlle mat op de Wee ginn.

Déi verschidde Charakteren aus dem Dschungelbuch fanne sech an de Pisten erëm.

De **Mowgli** ass e klengen, virwëtzege Jong, dee viles muss léieren an nei am Dschungel ass. Dofir ass d'Mowglispist nach ganz allgemeng, an déi éischt, déi de Wëllefchen a senger Carrière mécht.

Den **Darzee** ass e klengen couragéierte Villchen, dee vill Tricken, Knien an Technique kennt. Hie lieft sech séier a senger neier Ëmgéigend an an interesséiert sech fir dat, wat ronderëm hie geschitt. D'Pist vum Darzee huet dofir als Schwéierpunkt d'Relatioun zur Ëmwelt. D'Wëllefcher léieren a dëser Pist hannert d'Saache kucken, si entdecke Saachen aus der Natur, aus der Kultur, aus hirem direkten Ëmfeld, aus hirem Duerf oder hirer Stad.

De **Baloo** ass déi gutt Séil an de Schoulmeeschter aus dem Dschungel. Hien huet mat allen Déiere gudden Kontakt. D'Pist vum Baloo huet dofir als Schwéierpunkt d'Relatioun zum Matmënsch. D'Wëllefcher fannen an dëser Etapp hir Frënn, léieren d'Zesummeliewen an engem Grupp, an dass hiert Behuelen Afloss op aner Mënschen huet.

De **Bagheera** ass e grouse Jeeër a bréngt dem Mowgli allerhand bäi wéi schwammen, kloteren a sech propper halen. D’Pist vum Bagheera huet dofir als Schwéierpunkt d’Relatioun zum Kierper. D’Wëllefcher léieren hei eppes iwwert hire Kierper, si fänken un aktiv ze ginn an entdecken hir kierperlech Fähegkeeten.

De **Kotick** ass e Séihond, deen anescht ass ewéi seng Kollegen. Hie mécht sech vill Gedanken iwwert säi Liewen an iwwert seng Frënn. Hien zéckt och net fir seng Dreem ze verwierklechen. D’Pist vum Kotick huet als Schwéierpunkt d’Relatioun zu sech selwer. Op dëser Pist entdecken d’Wëllefcher hir Perséinlechkeet, si fänken un iwwer sech nozedenken: firwat sinn ech esou, an net anescht? Firwat kann ech dat do, an dat do net?

Fir d’Wëllefcher ass et wichteg dës Personnage an hir jeeuweileg Geschicht kennen ze léieren. Si sollen d’Kand op sengem Wee bei de Wëllefcher begleeden.

Wéi de Mowgli am Dschungel soll och de Wëllefchen duerch d’Spill an duerch d’selwer maache (learning by doing) bäiléieren. Am Dschungel wéi am Wëllefchersrudel gëtt et e Gesetz. Innerhalb vun dësem Kader ass den Eenzelen awer fräi selwer aktiv matzemaachen a matzestalten.

Déi véier Beräicher (Relatioun zur Ëmwelt, zum Matmënsch, zum Kierper, zu sech selwer) fannen d’Kanner als Pisten am Pistebichelche “Schrëtt fir Schrëtt” erëm. All Pist huet ee Schwéierpunkt, ouni sech awer nëmme mat deem Beräich ze befaassen. All eenzelne Schrëtt huet zum Zil dem Wëllefchen eppes bäizebréngen.

2.4. Spirituell a reliéis Animatioun bei de Wëllefcher

Am allgemenge fänkt d’Kand am Wëllefchersalter u sech mat senger eegener Spiritualitéit ausernee ze setzen an hei kënne mir hinnen als Cheftaine a Chef dobäi wichteg Impulser ginn. Och wann et ville Chef vläicht schwéier fällt dës Beräich emzesetzen, behält en awer ganz kloer seng Wichtegkeet. Schonn de B.P. huet geschriwwen, datt de Glawen an d’Relioun eng wichteg Roll bei der Erzéiung no der Guide/Scoutsmethod musse spillen. An dëst bleift och nach haut aktuell.

Et ass dësen Deel vun eiser Method, deen de Wëllefcher ethesch Wäerter vermëttele soll, wéi een zesumme mat anere Mënsche liewen a wéi ee sech hinne vis-à-vis verhale soll.

Hei spille Wäerter (a Gefiller) wéi Toleranz, Bridderlechkeet, Deelen, Respekt, Léift, Frëndschaft, Angscht etc. eng Roll.

Ethik an déi dozou gehéierend Wäerter fënnt een am chrëschtlech-kathoulesche Glawen, genee wéi an och deenen anere Weltreliounen erëm.

Et kann ee soen datt fir Kanner am Wëllefchersalter Relioun an d'Frëndschaft zu Jesus eng wichteg Roll spillen. Zum enge gëtt dat vu bausse beaflosst (z. B. Famill, Reliounsunterricht an der Schoul/ Kommunioun/ etc), mä et läit awer virun allem am Kand senger Natur, säin Ëmfeld ze entdecken a Reliounen zu aneren opzebauen. Sou si Kanner am Wëllefchersalter méi liicht ze begeeschten an op fir nei Frëndschaften anzegoen.

Dowéint soll een och déi spirituell a reliéis Aktivitéiten un d'Kanner upassen. A ville Gruppe ginn et Aumônieren oder Animateurs spirituels, déi de Chef hei ënnert d'Äerm gräife kënnen. Wann dës feelen, ass dat awer kee Grond fir dëse Beräich vun der Method ewech ze loossen, schlësslech ginn et ganz vill flott Materialien déi engem bei der Virbereedung vun esou Aktivitéite kënnen hëllefen. Zum Beispill ginn et ganz flott Kannerbibelen, oder Bicher iwwee aner Reliounen, etc.

E wichtegen Tipp fir d'Virbereedung: Sicht Geschichten, Bibeltexter, Lidder, Gebieder, etc. eraus, mat deene sech d'Kanner kënnen identifizéieren an déi kandgerecht sinn.



Wat fir Aktivitéite kann ee maachen?

- An de verschiddene Schrëtt fanne sech Wäerter erëm, déi mer probéieren ervir ze sträichen.
- E rouege Moment, eng Fantasierees, eng Meditatioun, ..., si Momenter déi ee ganz einfach an aner Aktivitéiten abauwe kann.
- Veilléen oder Versammlungen zu engem spirituuell-reliéisen Thema, wéi z.B. Frëndschaft, Angscht, ..., an/oder opgebaut op e bibleschen Text ass eng flott Manéier, fir de Kanner dat spirituuell-reliéist méi no ze bréngen.
- Zu alle Fester (z.B. Engagementsfeier,...) gehéiert och e spirituuell-reliéise Moment.
- A Wuertgottesdéngschter oder/a Masse sollte wa méiglech d'Kanner mat abezuginn.

Wéi kann een dës spirituuell-reliéis Aktivitéite gestalten?

Hei sinn der Fantasie keng Grenze gesat. Méiglechkeete fir dat spirituuell-reliéist ëmzesetze sinn: Spiller, Lidder, Dänz, Geschichten, Hörspiller, Rollespiller, Schiedspiller, Fangerpoppentheater, Dia-Shows, Foto-Shows etc. Praktesch Iddien a Beispiller, wat dir mat de Kanner a spirituuell-reliéisen Aktivitéite maache kënn, fannt dir am spirituuell-reliéisen Dossier, deen zur Method gehéiert.



3. D'Kand am Wëllefchersalter

Mat Kanner aus dem Wëllefchersalter d'Liewen entdecken, heescht Freed um Neien, Kreativitéit a Fantasi an de Kanner waakreg maachen an entwéckelen. Kanner am Alter vun 8 bis 11 Joer sinn immens virwëtzig, wëlle gäre bäiléieren, experimentéieren, fuerschen..... Am Wëllefchersalter setzen d'Kanner sech staark mat hirer Ëmwelt ausernee. Si fänken un Interessi fir bestëmmten Hobbien ze weisen, si leeschtungsfähig an hunn Ausdauer.

D' Kand huet an deem Alter d'Bedierfnis sech d'Welt erklären ze kënnen – et freet vill no, Hannergrënn vun de Saache ginn interessant. De Wëllefche versicht ëmmer méi zesummenhäng ze entdecken an ze verstoen. Sou lues bild sech beim Kand e méi realistesch Weltbild aus, et ka sech an deem Alter och besser konzentréieren a léisst sech gären op neies an.

An dësem Alter kënnen a wëllen d'Kanner a ville Beräicher Verantwortung iwwerhuelen. Si gi lues a lues mei selbstänneg. D'Bezéiung zu Gläichaltrege spillt eng ëmmer méi grouss Roll. De Wëllefche wëllt lo sou lues seng eegen Entscheedunge kënnen treffen. Allerdéngs sinn d'Kanner nach net fähig, déi gesamt Tragweid vu verschiddeenen Entscheedungen ze iwwerblécken. Hei mussen mir als Cheftainen a Chef hëllef mat Versteesdemech a Kompromëssbereetschaft.

Am Wëllefchersalter gëtt d'Tatsaach e Jong oder Meedchen ze sinn dann och sou lues interessant.

Bis sou ongeféier am Alter vun 8-9 Joer spillen d'Jongen an d'Meedercher nach gären zesummen. Duerno siche si fir eng Zäit de Kontakt zu hirem eegene Geschlecht.

3.1. D'Liewensbedingunge vun de Kanner am Wëllefchersalter

D'Liewenswelt vun de Kanner huet sech an de vergaangene Jore verännert; nei Familljestrukturen, nei gesellschaftlech Wäertvirstellungen, anert Wunnëmfeld vun eise Kanner, den Afloss vun elektronische Medien, d'Verlockunge vun der Fräizäitindustrie bestëmmen den Alldag vun de Kanner mat.

D'Kanner sinn doheem, an der Schoul, an der Fräizäit dacks engem Leeschtungsdrock ausegesat; oft hu si all fräie Mëtteg aner Engagementer (Basket, Conservatoire, Foussball, Guide/Scouten,...) an déi Fräizäit, déi dann nach bleift, gëtt zum Deel mat Fernseh/Computer/Spillkonsolen ausgefëllt.

D’Kanner kréien oft léiwer eppes gebueden ewéi selwer eppes op d’Been ze bréngen.

Dozou kënnst datt déi Erwuessen de Kanner ëmmer manner zoutrauen, hinne bal oder guer keng Responsabilitéit iwwerdroen. Eng Parti vun de Kanner erliewen doheem Sträit, Gläichgültgheet a fille sech net ëmmer un- oder eescht geholl.

D’Familljeliewe beschränkt sech ëmmer méi op Mamm, Papp a Kand oder manner: - et gi vill elengerzéiend Elteren an d’Kanner sinn oft tëscht Mamm a Papp hin an hir gerappt. Ëmmer méi Kanner wuessen an enger nei zesummegeater Famill, enger „Patchworkfamill“ op a ginn do net ëmmer gutt eens. D’Setze vu Grenze gëtt fir d’Elteren a sou Konstellatioune méi schwéier an oft feelt et dann u Konsequenz an der Erzéiung.

Computer, Spillkonsolen asw..... si fir Kanner haut Selbstverständlechkeeten. Fantasie a Kreativitéit rutschen dobäi oft méi wäit no hannen. Et besteet de Risiko vu Passivitéit an e Mangel u Bewegung a Kommunikatioun.

Dëst féiert ënner anerem derzou, dass vill vun dese Kanner sech op sech selwer bezéien an dann net méi sou gutt an engem Grupp eens ginn. Sécher treffen dës Fakteuren net op all Kanner gläich staark zou, mee et gëtt een Trend an dës Richtung.

3.2. D’ Roll vun der Cheftaine an dem Chef

Als Cheft/taine hu mir eng wichteg Aufgab an der Erzéiung vun eise Wëllefcher. Oft si mir fir si nieft Elteren a Schoul eng bedeitend Bezugspersoun - ganz dacks och eng Ergänzung zu der Mamm oder zum Papp an ee Virbild. Eist Verhale gëtt vun dem Wëllefche genee observéiert an net seelen imitéiert. Et ass wichtig dass d’Chef/tainë sech där Responsabilitéit bewosst sinn.

Eis Roll am Ruddel ass derfir ze suergen, datt Kanner dee richtege Kader an d’Méiglechkeet kréien, hir Fantasi fräi ze entwéckelen an zesumme mat de Cheftainen a Chef sech selwer an d’Liewen a senger Verschiddenaartgheet ze entdecken. Bei de Guiden a Scoute kucke mir virun allem op dat wat d’Kand kann an hëllefem him säi Bescht ze maachen.

D'Cheftainen an d'Chef sollen e Kader schafen, an deem d'Kanner hir Fantasie a Kreativitéit nei entdecke kënnen. D'Wëllefcher sollen awer net nëmmen Neies entdecken, mee och hir Grenzen erkennen.


Hei soll d'Erliewen vun der Natur och nët ze kuerz kommen. Als Guiden a Scouten brengen mir den Kanner d'Natur méi no, a lossen si do villes entdecken an nei Erfahrungen machen.

Als Géigenpol zu där elektronëscher Welt, solle si hei e gewëssen „back to the roots“ erliewen, ouni awer dass mir als Chef/tainë ons matt den Kanner där moderner Welt verschléissen.

Als Chef/tainë solle mir de Kanner Vertrauen entgéint bréngen an hinnen an deem Sënn nei Impulser ginn. Dobäi hëllef mir de Kanner beim „grouss ginn“ an hir Identitéit ze fannen.

Als Chef/tainë mussen mir dorop oppassen, wat fir ee Rollebild mir de Kanner vermëttelen. An der Chefequipe soll diskutéiert ginn, wéi wäit mir Jongen a Meedercher ënnerschiddlech behandelen, a wann, da wou a weini a firwat? Zum Beispill dierfen och Meedercher grad sou duerchdriwwe si wéi d'Jongen an och d'Jongen dierfen hir Gefiller weisen. Eis Haltung zu dese Froen huet fir d'Kand eng wichteg Virbildfunktion.

Schlussendlech solle mir als Cheft/tainen de Kanner d'Wärter vum Guidissem/ Scoutissem vermëttelen a si domadder op e responsabelt an engagéiert Liewe preparéieren.



4. D'Spill bei de Wëllefcher

D'Spill ass d'Haaptaktivitéit, déi mir bei de Wëllefcher uwende fir de Kanner eppes ze vermëttelen. Et ass duerfir wichteg, dass mir als Chef/tainen de Sënn an Zweck vum Spill am Kand senger Entwécklung richteg verstinn. D'Spill ass eng Grondbedingung fir Léier- a Bildungsprozesser beim Kand a soll dofir a senger pedagogescher Wierkung net ënnerschätzt ginn.

Am Spill üben d'Kanner Verhalensweisen, déi hir geeschesch, sozial, emotional, motoresch a kreativ Entwécklung fördern.

4.1. Allgemenges

Wann d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, spille se spontan fir:

- all Neies aktiv ze erforschen
- alles wat se scho kennen, auszeprobéieren an ze léiere bis se et 100% beherrschen.

Am Spill setzt d'Kand sech aktiv mat senger Welt ausererneen. Beim Spillen eppes fäerdeg ze bréngen ouni vu bausse bewäert ze ginn, setzt e Grondsteen fir d'Entwécklung vum Selbstvertraue vum Kand, schafft e positivt Selbstbild an dréit derzou bäi, dass d'Kand sech eppes selwer zoutraut an a sengem spéidere Liewen Aufgabe mat Kreativitéit a Vertrauen upéckt.

4.2. D'Spill an der Entwécklung vum Kand

Déi eischt Form vum Spill ass d'Funktionspill. Schonn de klenge Puppelche spillt mat senge Fangeren a Féiss a gräift no allem wou en dru kënnt, taascht drun, stécht et an de Mond a sammelt sou mat vill Spaass nei Erfahrungen.

Am Alter vun zwee Joer entwéckelt d'Kand dat sougenannte Symbolspill, et versicht elo d'Saache mat senger Virstellungskraaft ze benotzen; sou gëtt aus engem Stull e Fliger, aus engem Stéck Baukasten en Auto a.s.w. Wann d'Kand besser schwätze kann, kritt d'Sprouch méi Bedeutung am Spillen. D'Kand fänkt elo u Persounen an Handlungen nozemaachen an esou gëtt aus dem Symbolspill d'Rollespill(+/- vun 4 Joer un).

Am Rollespill spillt d'Kand mat anere Kanner a léiert Situatiounen net eleng vu sengem Standpunkt aus ze kucken, mee sech zousätzlech an aner Persounen eranzedenken. D'Spill respektiv d'Rollespill bidd duerfir eng gutt Méiglechkeet sozial Grondfähigkeiten ze léieren an ze prouwen.

Vum Primärschoulalter un interesséiere sech d'Kanner ëmmer méi fir Spiller, déi no feste Regele gespillt ginn, wéi zum Beispill Gesellschaft- oder Sportspiller. Si verstinn, dass et net klappt, wann ee sech net u Regelen hält. Gewannen a verléiere spillt eng wichteg Roll, dobäi léieren d'Kanner hir Gefillswelt besser kennen an domat ëmgoen (Freed, Enttäuschung a.s.w.).

Ab dem Alter vun 8 Joer spillen d'Kanner ëmmer méi am gläichaltrege Grupp, bilde Banden a Klicken an zéie sech fir ze spille gären an hire Grupp zréck fir zum Beispill zesammen Hütten ze bauen, Inzenéierungen anzeprouwen a.s.w... D'Kanner sichen an dësem Alter abenteuerlech Aktivitéiten, wou si Neies kënnen erliewen.

An dëser Form vu Spill brauchen d'Kanner een deen aneren a kënnen liicht Kontakt mateeneen ophuelen. Am Zesummenspill entwéckele sech vill sozial Fähegkeeten, z.B. Interessen a Sensibilitét fir déi aner, Hëllefsbereitschaft, Konfliktbewältegung a.s.w. Si léieren am Grupp eens ginn.

Fir dass dëst geléngt ass et awer wichteg, dass mir als Chef/taine de Kanner als Vertrauenspersoun zur Säit stinn, fir dann, wa si net mateneen eens ginn, wichteg Hëllef ze ginn.

D'Kanner am Wëllefchersalter brauche Spiller mat vill Beweegung an Energie. Dëst erméiglecht hinnen hir kierperlech Fähegkeeten a Limittë kennen ze léieren an ze entwéckelen. Aktiv Spiller sinn och e gudden Ausgleich zum laange Sëtzen an der Schoul.

Spiller fördere Sënneswahrnehmung (kucken, taaschten, richen, schmaachen, héieren) – d'Kanner léiere während dem Spille mat den Hänn, mat de Féiss, iwwert d'Haut, mam Bauch a mam Kapp. Duerch dëse Léierprozess misst d'Kand et fäerdeg bréngen déi Sënnesandrëck ze organiséieren an doraus sënnevoll, kreativ a richtig Reaktiounen ze entwéckelen.

Kanner am Wëllefchersalter interesséiere sech awer och fir elektronesch Medië wéi z.B. Computer a Spillkonsolen a verbréngen vill Zäit virum Ecran. Dës Form vun éischter passivem Spill féiert oft zu Mangel u Bewegung a Kreativitéit. Ausserdeem sinn d’Kanner iwwerfordert, well si just nach iwwert ee Sënn (kucken) vill ze villen Informatiounen ausgesat sinn.. Dëst ka bei verschiddene Kanner zu Problemer an eventuelle Verhalensstéierungen féieren.

4.3. „Learning by playing“

An der Wëllefchersmethod moosse mir dem Spill eng grouss Bedeitung bäi. D’Wëllefcher solle bei eisen Aktivitéiten Neies am Spill bäiléieren. Eis Approche soll de Kanner Spaass maachen, an op hir entwécklungsspezifesch Bedürfnisser agoen. D’Kand soll bei eisen Aktivitéiten, also och beim Spill op verschiddene Gebidder eppes bäiléieren: eppes fir d’Hand (d.h. Bewegung, Motorik a.s.w), eppes fir de Kapp (d.h. neit Wëssen) a fir d’Häerz (d.h. tèschemenschlech Bezéiungen, Gefiller, Emotiounen, Sozialverhalen).

Am Spill sollen d’Kanner eppes léieren, ouni dass hinnen dat bewosst ass (learning by playing). Nëmme da bleift d’Spillen e Spill, d’Kanner hu Spaass a maachen en Ënnerscheid zum méi schoulesche Léieren.

D’Spill steet bei de Wëllefcher ënnert engem Thema a soll an eng Versammlung oder an aner Aktivitéiten agebaut ginn. Hei ass d’Kreativitéit vum Chef gefuerdert – et ginn eng Hellewull Spiller a Spilliddien, déi ee liicht op een Thema kann adaptéieren. Et huet awer kee Sënn dat selwecht Spill ëmmer nees nei opzewiermen. Et ass och flott, wann de Chef/taine mat de Kanner spillt an net nëmme vu baussen Uerdere gëtt. Mir solle beim Raussiche vun de Spiller de Kanner hire Bedürfnisser no Abenteuer an Aktivitéiten am gläichaltrege Grupp Rechnung droen.

Bei gréisseren Aktivitéiten ewéi WE a Camp ass et flott d’Kanner och emol ënner Opsicht fräi spillen ze loossen.

5. D'Ruddel an d'Sizaine

Als Ruddel versti mir dee grouse Grupp vu Wëllefcher, dat heescht Meedercher a Jonge vun 8 bis 11 Joer (normalerweis 3 . - 5. Schouljoer) mat de Cheftainen a Chef mat weinstens engem Akela. Déi meescht Aktivitéiten, déi mir mat de Kanner wëllen duerchféieren, sinn op e Ruddel vun ongeféier 30 Kanner ugepasst. Dat wëllt net heeschen, datt méi grouss oder méi kleng Ruddelen manner gudd funktionnéieren.

5.1. Aktivitéiten am grouse Grupp

Am Ruddel gëtt zesumme gespillt a gefeiert an et gi wichteg Entscheedunge geholl, déi dat ganzt Ruddel ugin. Duerch d'Aktivitéiten am Ruddel soll d'Kand op eng aktiv Aart a Weis léiere mat anere Kanner an engem Grupp eens ze ginn.

Den Ufank an d'Enn vun enger Versammlung ginn dacks am grouse Grupp gemaach. Eist Zil ass et d'Kanner un hire Ruddel ze bannen, hinnen d'Gefill ze ginn, derzou ze gehéieren. Fir dass d'ës Zesummengehéiregefill opkënn, ass et wichteg, dass d'Kanner hir Roll an hir Responsabilitéit am grouse Grupp kennen a verstinn. Als Cheftainen a Chef sollte mir duerfir insistéieren, dass d'Kanner regelméisseg an d'Versammlunge kommen, an net nëmmen dann, wa si Loscht hunn oder just um WE derbäi sinn. Et ass wichteg, dass och d'Eltere verstinn, dass mir am Ruddel schaffen, wou all Kand seng Plaz a seng Wichtigkeet huet.

Aktivitéiten am grouse Grupp sinn onëmgängelech fir aus dem Grupp vu Kanner e Wëllefchersruddel ze bilden, wou d'Kanner sech wuelspieren. Wann een allerdéngs zevill Aktivitéiten an dësem grouse Kader mécht, ass et schwéier, als Chef dat Ganzt ze iwwerblécken a sech ëm all eenzelne Wëllefchen a säi perséinleche Fortschritt ze këmmern. Neier hunn et dann net liicht den Zougank zum Ruddel ze fannen.

5.2. D'Sizaine

Et ass normal, dass am Ruddel ënnert de Kanner fest Klicken entstinn, wou oft déi selwecht d'Soen hunn. Aus dem Besoin vun de Kanner eraus a méi kleng Gruppen ze schaffen an ze spillen ass eist Ruddel a Sizainen agedelt.

Eng Sizaine besteet aus 6-8 Kanner. Si gëtt wa méiglech vun engem/r Chef/taine begleet. Si sëtzt sech wann et geet aus méi eelere Wëllefcher an aus deene méi neien zesummen. Sou kënnen déi „Nei“ vun deenen „Ale“ léieren, an déi Al léiere Rücksicht op déi „Kleng“ huelen. An der Sizaine soll dat einzelt Kand Geleeënheet kréie fir Frënn ze fannen, eng Roll ze spillen, sech eppes zouzetrauen, seng Fähigkeiten ze entwéckelen, kleng Verantwortungen ze iwwerhuelen a Rücksicht ze huelen. Hei kritt d’Kand den néidege Réckhalt fir am Ruddel matzemëschen. Meeschtens as een vun deenen méi eeleren Kanner den Sixer vun enger Sizaine. Daat heescht hien/hatt iwwerhëllt an gewësser Form an zu bestëmmten Momenter d’Leedung resp. d’Verantwortung vun deem klengen Grupp. Him zur Säit steet den Second deen soll bäi der Leedungsmissioun hëllefen. Ët gëllt opzepasst, dass den Sixer an den Second sech nët als „Cheffen“ behuelen, mee als déi méi „Erfueren“, déi déi aaner als Virbild kéinten ugesin. Déi Roll vum Sixer resp. Second soll nët iwerdriven gin oder als Entlaaschtung vun den Chef/tainen ugesin gin.

Fir datt dëst Zesummeliewe méi einfach ass, ass et méi sënnvoll wann eng Sizaine iwwer eng länger Zäit bestoe bleift an d’Zesummesetzung net zevill oft ännert.

Wann een elo zevill oder nëmmen a Sizainë schafft, riskéiert et op d’Laangzäit langweileg ze ginn:

- an esou engem klengen Grupp passéiert net genuch, fir datt et interessant a spannend bleift;
- zevill ofgekapselt Sizainë féieren zu ongesonder Konkurrenz tëscht den einzelne Sizainen.

Wichtig ass deemno, datt d’Chefequipe fir Ofwiesslung suergt tëscht de Ruddelaktivitéiten an de Sizainenaktivitéiten.

Fir all Kand méiglechst vill Kontakter ze erméiglechen, ass et och vu Virdeel d’Kanner am grouse Grupp schaffen ze loossen, sou z.B. fir eng bestëmmten Aufgab (en Atelier, Dekor molen, Optrëtt plangen,...), déi zäitlech limitéiert ass.

D'Sizaine ass eng praktesch Opdeelung fir Spiller an Aktivitéiten ze maachen, déi am grouse Grupp net méiglech wäeren oder wou de Grupp sech grad muss opdeele fir eens ze ginn.

An der Sizaine kënnt et op Teamgeescht un, ee soll deem aneren hëllef.

An der Sizaine an och tëscht de Sizainë gëtt et ee Konkurrenzdenken, wat d'Cheftaine an de Chef muss probéieren a Grenzen ze halen. Konkurrenz u sech ass net schiedlech a ka Spiller an aner Aktivitéite méi Spannung ginn, soll awer vum Chef a rasonable Limitë gehale ginn.

Op engem Weekend oder um Campeng soll ee roueg aner Sizainë bilden, well do net all Kanner matginn, well dat d'Gruppendynamik nei definéiert a verschidde Kanner nei Chancë kréien.

Flott ass et wann d'Chefequipe de Kanner hëlleft hirer Sizaine een Numm ze ginn, mat deem d'Kanner sech kënnen identifizéieren. Um WE oder Campeng soll dësen Numm eppes mam Thema vum WE oder Camp ze dinn hunn.

Well net ëmmer all Kand an all Versammlung ass, ass et net ëmmer méiglech all Samschdeg déi Saach mat de Sizainen am Grëff ze behalen. Dofir ass et sënnavoll, wann d'Chef/tainen dat net zevill enk gesinn.

5.3. Ask the boy/ girl - Matbestëmmung am Ruddel

Wéi wäit soll d'Kand matbestëmmen am Ruddel? Et ass wichteg, dass d'Chef/tainen d'Wënsch an d'Meenung vun hire Kanner kennen a bäi der Wiel vun den Aktivitéite matabezéien. Et ass méi wichteg, dass d'Kanner sech wuel spieren, wéi dass d'Chef/tainë just nëmmen dat maache wat hinne Spaass mécht oder wat si grad gutt kënnen. De Programm, deen Chef/tainen ausschaffen, soll sech nom Interessi vun de Kanner riichten a bei der Duerchféierung vun den Aktivitéite muss mir flexibel si fir op de Kanner hir Bedürfnisser kënnen anzeogen. D'Kanner solle kënnen soen, wann hinnen eppes net gefällt oder wa si eppes langweilig oder faul fannen.

Besonesch bei deenen neie Kanner soll de Chef probéieren eraus ze fanne wat hir Interesse sinn.

Nom B.P. senger Approche „Ask the boy“ sollen d’Kanner hir Wënsch bei der Auswiel vu Versammlungsthemem a Kometen ausdrécke kënnen. All Kand soll wielen, wat fir Schrëtt op wat fir enger Pist et wëllt maachen.

D’Kand soll vun Zäit zu Zäit kënnen wielen tëscht Aktivitéiten déi him zousoen, oder déi hatt net wëllt maachen (z.B. Atelierem).

Am Bilan soll all Kand zu Wuert kommen a seng Menung soe kënnen. Natierlech kënnen net ëmmer all Wënsch erfëllt ginn. Duerfir ass et wichteg, dass d’Kanner erkläert kréien, firwat eppes net geet, respektiv solle si den demokrateschen Ofstëmmungsprinzip kenne léieren.



6. Dem Kand säi Wee bei de Wëllefcher an déi entspriechend Fester

8 Joer (3.Schouljoer)	d’Kand kënnt bei d’Wëllefcher Montée aus de Biber
No 3 Méint	Start: d’Kand kritt säi Foulard a säi Pistebichelchen iwwerrecht
No 1 Joer	d’Kand huet seng Mowglispist fäerdeg (d’Kand huet 9 Joer) a mécht säi Verspriechen
D’Kand huet 9-10 Joer	D’Kand schafft un de 4 Pisten
Mat 11 Joer	D’Kand mécht d’Montée bei d’AvEx

6.1. Allgemenges zu de Fester

Um Wëllefche sengem Wee ginn et e puer wichteg Etappen, déi mat engem Fest enkadréiert oder ofgeschloss ginn.

Dës wichteg Etappë sinn:

D’Montée aus de Biber

D’Iwwerreeche vum Foulard a vum Pistebichelchen

D’Verspriechen

D’Iwwerreeche vun der Patt oder vun enger Krall

D’Montée bei d’AvEx

Dës Momenter si wichteg Erliefnësser am Liewe vun engem Wëllefchen. Et ass duerfir wichteg, dass mir als Chef dës Etappë richteg enkadréieren. Meeschtens maache mir dat mat engem festleche Moment. Och wann dës Fester ganz ënnerschiddlech kënne gefeiert ginn, hu se awer eng Rëtsch Gemeinsamkeeten.

Fester solle **perséinlech** sinn:

All Wëllefche soll mierken, dass hie bei engem Fest am Mëttelpunkt steet, dass hie fir d'Ruddel ganz wichtig ass. Dofir muss net all Kand en eegent Fest organiséiert kréien, mee bei engem grouse Fest soll awer op all Kand, dat dës Etappë matfeiert, eenzel agaange ginn.

Fester solle **feierlech** sinn:

E Fest kann op engem Weekend, engem Camp oder an enger méi aussergewéinlecher Versammlung gefeiert ginn. E Fest soll op kee Fall an déi lescht puer Minutte vun enger Aktivitéit eragequetscht, mee richteg gefeiert ginn.

Fester solle **memorabel** sinn:

D'Kanner sollen dës Fester als eppes Aussergewéinlech an eppes Flottes an Erënnung behalen. Dofir ass et wichtig, dass dës Fester net am Alldag ënnerginn.

Heiansdo ass et flott d'Eltere vun de Kanner mat an d'Fester anzebezéien. De Wëllefche kann esou sengen Eltere weisen, wat hie bei eis geléiert huet an ass houfreg wa seng Eltere gesi wéi hie wichtig Etappë gemeeschert huet. Als Cheftaine a Chef sinn d'Eltere fir eis eng wichtig Hëllef, wann et drëms geet de Wëllefchen op sengem Wee ze begleeden. Si u wichtige Momenter deelhuefen ze loossen, léisst si besser verstoe wéi mir bei de Wëllefcher schaffen a stäerkt eis zesummenaarbecht mat hinnen.

Zu all Fest gehéieren e puer Aspekter, an deenen dat Perséinlecht, dat Feierlecht an dat Memorabelt net solle vergiess ginn.

6.1.1. D'Virbereedung

All Kand soll op säi Fest virbereet ginn. Wëllefcher, déi schonn ee Fest hannert sech hunn, sollen an d'Virbereedung vum Fest vun hire Frënn agebonne ginn. De Wëllefche soll am Viraus wëssen ëm wat et bei sengem Fest geet. De Wëllefche soll och fräi kënnen entscheeden, op hien dëst Fest wëllt matmaachen oder net.

6.1.2. De Kader

Fir Kanner am Wëllefchersalter ass de Kader immens wichteg fir eng Ambiance ze schafen. Dat wat si gesinn, hannerléisst dacks vill méi Androck wéi dat wat gesot gëtt.

6.1.3. D'Zeremonie

D'Zeremonie selwer soll natierlech den Héichpunkt vun all Fest duerstellen.

6.1.4. Rahmenprogramm

Zu all Fest gehéiert e Rahmenprogramm mat Lidder, Spiller, Essen an Drénken.

6.2. D'Iwwerreeche vum Foulard a vum Pistebichelchen

Weini? No 3 Méint.

Bei dësem Fest gëtt de Wëllefchen definitiv an d'Ruddel opgeholl. D'Kand soll spieren, dass et derzou gehéiert. Dofir soll de Wëllefchen nach kee Foulard hunn. Et wier flott, wann d'Wëllefcher hire Foulard fir all Versammlung un hätten, well et en Zeeche vun Zesummegehéieregkeet ass.

Zesumme mam Foulard kritt all Wëllefchen e Pistebichelche „Schrëtt fir Schrëtt“ iwwerrecht. Déi nei Wëllefcher musse gutt erkläert kréie wéi mam Pistebichelche geschafft gëtt. Déi méi al Wëllefcher solle roueg bei dësen Erklärungen hëllefen. D'Wëllefcher sollten dru gewinnt gi fir hiert Pistebichelchen ëmmer derbäi ze hunn.

6.3. Iwwerreeche vun der Patt oder vun enger Krall

Weini? Patt: no engem Joer; Krall: wann eng Pist fäerdeg ass.

No der Mowglispist kritt de Wëllefchen eng eidel Wollefpatt. Wann de Wëllefchen eng vun deenen anere Pistë fäerdeg huet, kritt hien eng Krall an der Faarf vun der Piste wwerecht a kann dës op seng Patt opbitzen:

blo fir de Bagheera
gréng fir den Darzee

rout fir de Baloo
giel fir de Kotick

Et muss net all Kéiers e Fest organiséiert ginn, wann ee Kand eng Pist fäerdeg huet. Dëst Fest ka roueg fir e puer Kanner zesumme gefeiert ginn. Et muss net esou grouss opgezu gi wéi eng Montée oder e Verpriechen, mee de Wëllefche soll awer spieren, dass seng Efforten unerkannt ginn. E WE oder de Camp ka fir d'Iwwerreche vun de Krallen e gudde Kader bidden.

6.4. Verspriechen

Weini? Fréistens no engem Joer.

Dëst Fest ass eent vun deene wichtigsten um Wee vum Wëllefchen a gëtt och an deenen nächste Branchë gefeiert.

Am Verspriechen engagéiert de Wëllefche sech fir weider Fortschrëtter am Ruddel ze maachen. D'Beräicher vun dese Fortschrëtter baséieren op de groussen Ziler vun de Wëllefcher.

De Wëllefchen engagéiert sech par Rapport zu sech selwer awer och par Rapport zu sengem Ruddel.

Besonnesh beim Verspriechen ass d'Virbereedung immens wichtig. De Wëllefche soll sech bewusst ginn, zu wat hie sech engagéiert a wat dëst Fest fir hie bedeit. D'Vesprieche bei de Wëllefcher ass nëmmen en éischte Schrëtt. An den nächste Branchë gëtt dëst Engagement ëmmer weider verdéift. Et ass fir de Wëllefchen awer schonn d'Geleeënheet sech eng éischte Kéier Gedanken ze maachen iwwert seng eegen Ziler an nächster Zäit. De Wëllefche soll dëst Verspriechen net nëmmen op säi Ruddel reduzéieren, mee et och mat a säin Alldag huelen.

D'Kand soll selwer decidéieren, op hatt säi Versprieche wëllt maachen oder net. Wann e Wëllefche säi Verspriechen eréischt méi spéit oder guer net wëllt ofleeën, ass dat och an der Rei. Schliesslech sollen d'Kanner hannert hirem Versprieche stoen, an et net als eng lästeg Flicht oder eng eidel Formulierung gesinn. E Verspriechen, dat just aus Gruppenzwang ofgeluecht gëtt, notzt dem Kand näischt op sengem perséinleche Liewenswee an huet säin Zil komplett verfeelt.

Den Text vum Verspriechen ass un den Alter vun de Wëllefcher ugepasst, an
ënnerscheid sech dofir vun deenen anere Branchen. D'Wëllefcher kënnen de
proposéierten Text vum Verspriechen notzen; si kënnen sech awer och hir eege
Gedanke maachen an zesumme mat engem Chef en aneren Text opsetzen.

Méiglech Texter vum Versprieche bei de Wëllefcher:

Léif Frënn,
mat ärer Hëllef
probéieren ech, iech e gudde Frënd ze sinn;
halen ech mech fit a passen op mäi Kierper op;
probéieren ech frou ze sinn an halen duer, och wann et Krämpes kascht;
léieren ech meng Ëmwelt kennen a passen drop op;
probéieren ech, Jesus kennen ze léieren an hien als Frënd ze hunn;
wëll ech am Ruddel gutt matschaffen a si bereet aneren ze hëllef.

Léif Frënn,
mat ärer Hëllef

.....

.....


Hei kënnen d'Wëllefcher hire perséinlechen Text opstellen.
Nom Versprieche kritt de Wëllefche säin Ofzeechen iwverrecht.

6.5. D'Montée aus de Biber an d'Montée bei d'AvEx

D'Montée bedeit fir d'Kand en "Äddi" a senger aler Branche an e "Wëllkomm" an der neier Branche. D'Kand gëtt symbolesch an eng nei Gemeinschaft opgeholl, déi sengem Alter entsprécht. Dës Bedeutung soll och de Kanner kloer sinn.

Dofir soll d'Montée och zesumme vun de concernéierte Branchë preparéiert ginn. D'Montée ass keng Muttprouf a keen Examen, mee soll fir jiddereen e positift Fest sinn. D'Kanner dierfe keng Angscht gemaach kréien, weeder virun der Montée, nach virun der neier Branche. Als Chefequipe hu mir hei eng kloer Verantwortung. D'Cheftainen an d'Chef vun de Wëllefcher solle mat hire Chefkollege vun den AvEx an de Biber zesummeschaffe fir sécher ze goen, dass d'Montée de Kanner ugepasst ass.

Déi nei Wëllefcher sollen hir Plaz am Ruddel séier fannen. Dofir ass et wichtig si direkt gutt ze enkadréieren an hinnen ze weisen, wéi d'Ruddel fonctionnéiert.



7. Aktivitéiten am Ruddel

7.1. D'Versammlung

7.1.1. Definitiuon

Ënnert enger Versammlung versti mir dat wöchentlecht Zesummekomme vun de Wëllefcher an hirem Ruddellsall. Eng Versammlung dauert normalerweis 2 Stonnen. Et kann een d'Versammlung als déi wichtegst Aktivitéit vun engem Wëllefchersruddel bezeechnen, well si esou oft stattfënnt a well et do ass, wou Chef/tainen a Wëllefcher sech kenne léieren, zouenee fannen, vill zesummen erliewen an zu engem Grupp zesummewuessen.

7.1.2. Ziler

An der Versammlung sollen d'Wëllefcher op dräi Niveauen eppes bäiléieren:

- De Wëllefche soll am Kapp eppes bäiléieren. Hie léiert z.B. d'Nimm vu verschiddene Beem, Friichten, Déierespueren, Länner aus Europa a.s.w.
- De Wëllefche soll mat der Hand eppes bäiléieren. Hie léiert z.B. kloteren, iwwer eng Afebréck goen, Téi maachen, Déierespueren am Gips konservéieren, a.s.w.
- De Wëllefche soll am Häerz eppes bäiléieren. Hie soll sech bei eis gebuerge fillen a Geleeënheet hunn, sech mat senge Gefiller ausernee ze setzen, grad esou wéi sech a senger Fantasi an en anere Personnage erafillen.

7.1.3. Virbereedung

Et ass wichtig déi uewe genannten Ziler virun An ze hunn, wann een eng Versammlung virbereet. All Spill oder Aktivitéit soll een Zil op engem oder méi vun deenen uewe genannten Niveauë verfollegen. Setze mir eis an eise Versammlunge keng Ziler, kënne mir keng erzéieresch Aarbecht leeschten.

D'Wiel vum Thema ass déi éischt Etapp vun der Virbereedung. D'Thema ass de roude FueDEM, de Kader, deen déi eenzel Aktivitéiten an déi domat verbonnen Ziler bestëmmt. D'Thema soll esou gewielt sinn,

- datt et dem Alter vun de Kanner ugepasst ass
- datt et de Kanner hir Fantasi ureegt a se matrappt
- datt déi Ziler, déi gesat goufen, och am Kader vum Thema erreecht kënne ginn.

D'Virbereedung vun der Versammlung soll all Woch oder op d'mannst regelméisseg an enger Virbereedungsversammlung geschéien. D'Teamaarbecht soll am Méttelpunkt stoen an duerfir soll wa méiglech déi ganz Chefequipe un der Virbereedung bedeelegt sinn.

Déi ganz Versammlung soll ofwiesslungsräich sinn, d.h. vill verschidden Aktivitéiten enthalen (cf. Kapp, Hand, Häerz). Wichtig ass, fir net nëmme Spiller ze maachen. Lidder, kleng Bastelaarbechten, Dänz a.s.w. sinn och ganz flott Aktivitéiten, déi fir Ofwiesslung suergen. Doduerch léisst sech e bestëmmten Aspekt vum Thema vläicht besser duerstelle wéi duerch e Spill. Déi eenzel Aktivitéite sollen dem Niveau vun de Kanner ugepasst sinn, woubäi d'Chef/tainen deenen eenzelne Kanner aus dem Ruddel hire Méiglechketen a Fähegkete Rechnung droen. Bei all Aktivitéit soll een drop oppassen, datt d'Aktivitéit de Wëllefchen usprécht, him Verantwortung iwwerdréit, ouni hien awer ze iwwer- oder ënnerfuere. Net ze vergiesse sinn och d'Schrëtt aus deenen eenzelne Pisten, déi jo esou gutt wéi méiglech an d'Versammlung matagebaut solle ginn. Zur Virbereedung vun enger Versammlung gehéiert och d'Opstelle vun enger detailierter Materiallëscht.

Jee nom Thema kann een d'Versammlung dobaussen oder am Ruddelsall ofhalen. Ass d'Versammlung dobaussen, soll ee probéieren, eng gëeegent Plaz ze fannen a se och kucke goen. Esou mierkt een eventuell Geforen, an et kann ee sech e Bild dervu maachen, ob d'Plaz fir d'Aktivitéit gëeegent ass. Et ass flott, wann den Ufank an de Schluss vun enger Versammlung op där selwechter Plaz sinn. Ass d'Versammlung am Wëllefcherssall, da soll een derfir suergen, datt de Sall propper a gehëtzt ass, datt genuch Still/Këssen do sinn an dass de Raum zum Thema dekoréiert ass. Plangt een eng Versammlung dobaussen, da soll een och eng Alternativ fir schlecht Wieder prett hunn.

7.1.4. Duerchféierung

Un der Duerchféierung vun der Versammlung ass déi ganz Chefequipe bedeelegt. Et soll eng genee Chargeverdeelung gemaach ginn, d.h. et gëtt festgeluegt wie wat fir e Spill mécht, wie speziell Aufgaben iwwerhëlt a.s.w. Jiddfer Chef/taine soll Verantwortung um Gelénge vun der Versammlung hunn.

D'Chefequipe soll als Equipe oprieden. Et ass wichtig, datt d'Chef hiert Bescht maachen, wa si mat de Kanner d'Versammlung duerchféieren; nëmmen esou kréie si d'Kanner motivéiert a matgerappt. Um Schluss vun der Versammlung soll vun Zäit zu Zäit e kurze Bilan matagebaut ginn; et soll och Zäit bleiwen, no der Versammlung eventuell Problemer tëscht de Chef, Wëllefcher oder Wëllefcher a Chef ze diskutéieren.

7.2. D'Sortie

7.2.1. Definitioun

Dorënner versti mir eng Dagesaktivitéit, déi et dem Ruddel erlaabt z.B. eng Visite, e Rally, a.s.w. zu engem bestëmmten Thema ze ënnerhuelen, fir déi d'Zäit vun enger normaler Versammlung ze knapp wär.

7.2.2. Ziler

D'Ziler vun enger Sortie sinn déi selwecht wi déi vun enger Versammlung. (cf. Versammlung – Ziler) Zousätzlech kënnen d'Erwaardunge vun de Wëllefcher no méi enger grousser, ofwiesselungs- a léierräicher Aktivitéit zefridde gestallt ginn.

7.2.3. Virbereedung

Et soll een d'Thema vun der Sortie esou wielen, dass genuch Aktivitéiten zu deem Thema kënnen an de Programm vum Dag agebaut ginn. D'Thema soll net esou wéineg Spillraum zouloossen, dass ee mat Ach a Krach Aktivitéite sicht, fir de Programm vun der Sortie ze fëllen. Eng Sortie soll net eng Versammlung sinn, déi an d'Längt gezu ginn ass. Et wär z.B. wéineg sënnavoll eng Sortie zum Thema „Naturerfahrungsspiller“ ze maachen. Et gi wuel vill Naturerfahrungsspiller, mee wann een e Programm vun engem ganzen Dag domat fëlle soll, dann ass e gewësse „Widderhuelungseffekt“ net ze vermeiden. Besser wir et nach e puer aner Beräicher vun der Natur ze beréieren (z.B. Waasser, Déieren am Bësch, ...) an dodran d'Naturerfahrungsspiller ze integréieren.

Um organisatoresche Plang ass méi an eng Sortie ze investéiere wéi an eng Versammlung. D'Eltere mussen iwwert d'Sortie informéiert ginn (Ufank, Schluss, Präis, ...) an eventuell muss den Transport vun de Wëllefcher organiséiert ginn. Et muss sech och Gedanken zu engem Mëttesgessen gemaach ginn.

Gedanken u schlecht Wieder si bei der Sortie nach vill méi wichteg wéi bei der Versammlung. Jee nodeem wat fir en Thema een huet (z.B. Themen déi Aktivitéiten dobaussen an der Natur virgesinn) ass et schwiereg bis onméiglech e gläichwäertegen Alternativprogramm fir schlecht Wieder virzebereeden. An deem Fall wir et da wuel besser d'Sortie ofzesoen oder ze verleeën. Bidd sech awer en Alternativprogramm fir schlecht Wieder un, da muss dee selbstverständlech och am Detail virbereet ginn.

7.2.4. Duerchféierung

Wat zur Duerchféierung vun enger Versammlung gesot gouf, (cf. Versammlung – Duerchféierung) zielt natierlech och fir eng Sortie. Wichteg ass fir den Timing vun der Sortie esou gutt ewéi méiglech anzehalen, well een eventuell duerch den Transport (fix Horairé vu Bus oder Zuch) gebonnen ass. Wichteg ass och ze vermeiden, dass et am Programm vum Dag zu engem oder méi „temps-mort“ kënnt, well ee mengt, et kéint een de Programm vun der Sortie e bësse méi labber ugoen, well ee jo méi Zäit huet. Duerch eng gutt Organisatioun an der Chefequipe léisst sech dese Problem awer meeschtens vermeiden.

7.3. De Weekend

7.3.1. Definitioun

E Weekend ass eng Aktivitéit, déi iwwert 1 oder 2 Nuechte geet. E Weekend erlaabt et der Chefequipe esou munnech Aktivitéiten zu engem Thema beieneen ze maachen. Et ass och eng Plaz, wou Aktivitéite gemaach kënne ginn, déi schwéier am Kader vun enger Versammlung oder enger Sortie durchzeféiere sinn (z.B. Nuetsspill). Donieft kritt d'Zesummeliewe vu Wëllefcher a Chef/tain-en am Ruddel op engem Weekend eng Intensitéit, déi an enger Versammlung, respektiv enger Sortie net méiglech, awer wichteg ass.

7.3.2. Ziler

D'Ziler vu Versammlung a Sortie behalen hir Gültegkeet.

(cf. Versammlung a Sortie) Weider Ziler sinn:

- De Wëllefche soll op engem Weekend d'Geleeënheet hunn de Guidissem/ Scoutissem, deen hien an de Versammlunge kennegeléiert huet, emol esou richtig duerch méi e laangen, spannenden, ofwiesselungsräichen a fantasievolle Programm ze erliewen.
- Deen erzéiereschen Aspekt vun der Aarbecht vun de Chef/tainë spillt méi eng grouss Roll, well si d'Wëllefcher zwee bis dräi Deeg bei sech hunn an esou op vill méi Saachen Afloss kënnen huele wéi an enger Versammlung.
- Dem Wëllefche soll bewusst gemaach ginn, dass hien zu enger Gemeinschaft gehéiert, déi no gemeinsam festgeluechte Regele leeft.
- Um Weekend kann d'Ruddel schonn d'Zesummeliewen um Camp virbereeden.

7.3.3. Virbereedung

Fir d'Virbereedung vun engem Weekend sief folgend Punkten erwähnt:

- Et soll ee sech mat Zäit op d'Sich no enger Plaz maachen, wou de Weekend of gehale soll ginn. Dann huet een nach e Choix wat d'Plaz ubelängt an d'Chance, eng Plaz ze fannen, déi gutt bei d'Thema vum Weekend an déi geplangten Aktivitéite passt.
- Et ass enorm wichteg, dass all déi Plazen, wou während dem Weekend Aktivitéite stattfannen (Chalet, Plaz vum Nuetsspill, Wee vum Rally, ...) virdu vun der Chefequipe besicht, respektiv ofgetrëppelt goufen. Sou ass ee sécher, dass déi Weeër, déi een op der Kaart gesicht huet, och wierklech do sinn an et kann ee geféierlech Plaze sécheren.
- Den Transport vu Wëllefcher a Material op d'Plaz muss mat Zäiten organiséiert ginn. Ginn et eventuell Problemer fir mam ëffentlechen Transport op eng Plaz ze kommen, da muss d'Chefequipe sech Alternativen ausdenken.
- Bei der Virbereedung vum Weekend sollen all méiglech Onkäschten (Locatioun Chalet, Iesswueren, Transport, Material, ...) berücksichtegt an esou niddreg ewéi méiglech gehale ginn, fir dass de Präis, deen all Wëllefche bezuele muss, net ze héich gëtt.
- D'Chefequipe muss dofir suergen, dass d'Wëllefcher gutt, gesond a genuch z'iessen hu während där Zäit, wou si ënnert hirer Verantwortung sinn. Si genuch Chef/tainen um Weekend derbäi, da kann d'Chefequipe d'Akafé vun de Liewensmëttel an d'Kache selwer iwwerhuelen. Et ka vu Virdeel sinn eng Kachequipe matzehuelen.

- Bei der Virbereedung vun den Aktivitéiten, déi um Weekend duerchgezu solle ginn, ass et wichteg, dass e „roude Fuedem“ do ass, deen aus einzelnen Aktivitéite wéi Veillée, Ateliers, Versammlung, Nuetsspill, Rally, ... e Ganzt mécht. Jee nodeem wat fir en Thema ee gewielt huet, ass de roude Fuedem scho bal vum selwe virginn. Am anere Fall heescht et fir d’Chef/tainë kreativ ze ginn a sech eng flott Geschicht oder Ähnlech afalen ze loossen, déi déi Funktioun iwwerhuele kann.
- Natierlech muss ee sech bei all Aktivitéit déi geplangt ass, d’Fro stellen, ob se vum Wieder beaflosst ka ginn a wa jo, wat een als Alternativ virgesäit, fir déi entsprechend Aktivitéit trotzdem um Weekend duerchgezunn ze kréien.

7.3.4. Duerchféierung

- Als Chef/taine huet ee während den Aktivitéiten (Versammlung, Sortie, ...) d’Verantwortung iwwert d’Wëllefcher, déi matmaachen. Besonnesch während der Duerchféierung vun engem Weekend soll ee sech deeër Verantwortung bewusst sinn a sech am Klare sinn, wéi een a méi problematesche Fäll (Krankheet, Akcident, ...) géif reagéieren.
- Et soll een och net zécken nach Leit matzehuelen, déi eng Hand upaken, wann d’Chefequipe kleng ass oder aus verschiddene Grënn net all Chef/tainë kënne matgoen.
- Fir dass de Weekend geléngt, ass et onverzichtbar, dass d’Chefequipe als Team schafft. Dobäi ass et wichteg, dass all Chargen, déi während dem Weekend ufalen (Kachen, Programm, i. Hëllef, Transport, ...) ënnert de Chef/tainë verdeelt ginn an dass jidderee seng/hir Charge gewëssenhaft ausféiert.
- Och eng gutt Virbereedung ass keng Garantie, dass net awer emol eppes schief goe kann. Eng Pann vum Bus, e Stroumausfall am Chalet, eng lokal Manifestatioun, a.s.w. kënnen de Programm vum Weekend gehéiereg duerchernee bréngen. An deem Fall heescht et flexibel reagéieren, de Programm ëmbauen, de „roude Fuedem“ anescht zéien, eventuell Saachen ewech loossen, kurzfristeg Neies plangen, ...
- D’Chefequipe soll hiert Bescht maachen, fir dass den Iwwergank tëschent deenen einzelnen Aktivitéite vum Weekend esou duerchgefouert gëtt, dass dee ganze Programm vum Weekend fir d’Kanner e Ganzt gëtt.

7.4. De Komet

7.4.1. Definitioun

E Komet ass eng Serie vun Aktivitéiten zu engem bestëmmten Thema.

E Komet ka folgendermoossen opgebaut sinn:

- 3 Versammlungen zu engem Thema;
- 2 bis 3 Versammlungen ënner dem selwechten Thema mat uschléissend enger Sortie oder engem Weekend.

Dat wichtegst bei engem Komet ass, datt eng Aktivitéit op där anerer opbaut an zu engem Héichpunkt hiféiert, deen z.B. beim Ofschloss vum Komet erlieft gëtt.

D'Versammlung bleift d'Haaptaktivitéit vun de Wëllefcher a gëtt duerch de Komet ergänzt. 2 bis 3 Komete pro Joer ass eng gutt Zuel.

7.4.2. Ziler

Nieft den allgemengen Ziler vun den Aktivitéite bei de Wëllefcher (cf. Versammlung – Ziler) kann de Komet besonnesch déi edukativ Roll vun de Guiden a Scouten ervirsträchen:

- Dem Kand säin Interessi gëtt net nëmme gestëppelt, well d'Thema méi am Fong behandelt gëtt. D'Kand kann doduerch bäiléieren, selwer seng Fortschrëtter feststellen an huet och Geleeënheet seng Iddië mat an d'Aktivitéiten eranzebréngen.
- Bei engem Komet gëtt d'Thema méi intensiv behandelt: d'Kanner kënnen z.B. mat engem Problem konfrontéiert ginn; si hunn d'Geleeënheet en a sengem ganzen Ausmooss kennenzelieren a kënnen och Léisungsméiglechkeete sichen (z.B. Thema „Verschmotztent Waasser“).
- Am Komet kënnen d'Kanner eventuell motivéiert ginn eng kleng Responsabilitéit beim Virbereeden a beim Duerchféiere vun den Aktivitéiten ze iwwerhuelen.

7.4.3. Virbereedung

- De Komet erfuerdert eng Virbereedung op laang Süicht.
- D'Thema vun engem Komet muss sech an e puer Deeler opsplécke loossen; virun allem muss et en Opbau erméiglechen, deen zu engem Héichpunkt an der ganzer Aktivitéit hiféiert. Eng Parti Themen eegne sech an dësem Híbléck ganz gutt, well an dësen Theme selwer schonn e gewëssen Opbau dra stécht. Als Beispill kann een d'Thema "Mir maachen eng Zeitung" uféieren: d'Wëllefcher gi gewuer, wéi eng Zeitung gemaach gëtt; si ginn eng Dréckerei kucken, a.s.w.; als Héichpunkt vun deem Ganze maache si selwer eng Zeitung. Et ginn och Themen, an deenen d'Spill an d'Fantasie méi zum Zuch kommen. Esou kann e Ruddel z.B. Kontakt mat "Ausserirdeschen" ophuelen, dës Wiese besser "kenne léieren" an hinnen als groussen Ofschloss selwer begéinen ...
- Déi néideg Dokumentatioun mécht d'Virbereedung vun engem Komet méi einfach, well wann en Thema bei de Wëllefcher verdéift soll ginn, da geet et net méi mat engem iwverflächleche Wëssen duer. De Chef/taine muss sech iwver dat Thema, wat hie gewielt huet, dokumentéieren. Dozou gëtt et eng Parti Méiglechketen:
 - A Bicher an Zäitschréfte loosse sech wäertvoll Informatiounen fannen. Wann et sech dann och nach ëm Bicher handelt, déi fir Kanner gemaach sinn, sinn déi Informatiounen, déi ee brauch, meeschtens scho kandgerecht presentéiert, wat engem nei Iddi fir d'Aktivitéite ka ginn an d'Virbereedung deelweis erliichtert.
 - Am Internet gëtt et méttlerweil jo bal zu all erdénklechen Themen e Site, deen ee mat enger gudder Sichmaschinn och liicht fënnt. Hei kann een z.B. Material fannen, dat een downloade kann, fir et an den Aktivitéiten ze gebrauchen (z.B. kleng Filmer, Animatiounen, Biller, ...).
 - Heiansdo lount et sech, bei verschiddeenen Organisatiounen (z.B. naturhistoresche Musée, Organisatiounen, déi mat der 3. Welt a Verbindung stinn, a.s.w.) nozefroe fir eng Dokumentatioun ze kréien, jee nodeem wat fir en Thema ee behandelt. Dacks fënnt een och eppes an eisem Dokumentatiouns-zenter an der LGS-Zentral.
 - Et kann ee sech u Fachleit wenden, déi een och an d'Versammlung oder op e Weekend invitéiere kann.
 - Et ass dervun ofzeroden, dass een, wann de Komet schonns am Gaang ass, Woch fir Woch seng Aktivitéite virbereet. D'Virbereedung vum Komet soll also schonn ofgeschloss si wann déi éischt Aktivitéit dervun ufänkt.
 - Wichtig ass, datt am Komet e "roude Fuedem" ze fannen ass, deen déi eenzel Aktivitéiten zu engem Ganze verbënnt.

- Doriwwer eraus heescht et och oppassen, dass eng Steigerung an den Aktivitéite virkénnt, déi lues a lues zu deem groussen Héichpunkt an zum Ofschluss vum Komet féiert.
- D'Iwwerleedungen téscht den eenzelnen Aktivitéite sollen esou gewielt sinn, dass si beim Kand eng gewësse Spannung erviruffen, déi hatt fir déi nächst Aktivitéite besser motivéiert an him et erlaabt, de (roude) Fuedem net ze verléieren. Ausserdeem huet d'Kand esou en Zil virun Aen, dat säin Interessi bis zum Schluss vum Komet waakreg hält.

7.4.4. Duerchféierung

- Schlecht Wieder kann e Komet ganz op d'Kopp geheien. Dofir ass eng gewësse Flexibilitét vun der Chefequipe erfuerdert, fir de Fall, dass en Deel vum Komet wiederbedéngt net esou wéi geplangt duerchgefouert ka ginn. Bei der Virbereedung soll een en Alternativszenario fir esou e Fall virgesinn.
- Sollt déi geplangten Duerchféierung vum Komet misse geännert ginn, esou heescht et oppassen, dass d'Iwwergäng téschent deenen eenzelnen Aktivitéiten esou bleiwen, dass de „roude Fuedem“, dee sech duerch de ganze Komet zitt, erhale bleift.
- Kanner, déi aus irgendengem Grond eng Aktivitéit vum Komet verpasst hunn, riskéieren, de „roude Fuedem“ ze verléieren. Et ass dann un de Chef/tainë sech eppes auszedenken, fir dass dat net passéiert ...

7.5. De Camp

7.5.1. Definitioun

E Camp ass eng Aktivitéit vun engem Wëllefchersruddel, déi téschent 3 a 7 Nuechten dauert. D'Thema vum Camp erlaabt et de Wëllefcher während enger Woch an eng aner Welt anzedauchen. Ausserdeem huet d'Ruddel hei d'Geleeënheet, eng länger Zäit laang esou richteg zesummen ze „liewen“, wat an der Versammlung, der Sortie an um Weekend net oder net esou gutt méiglech ass. Et kann een de Camp roueg als den Héichpunkt vum Guide-/Scoutsjoer bezeichnen.

7.5.2. Ziler

Nieft deene bis elo schonns erwähnten Ziler kann een nach folgendes berücksichtegen:

- De Camp an d'Virbereedung dovü sinn eng gutt Geleeënheet d'Wëllefcher aktiv matbestëmmen ze loossen.
- De Wëllefche kritt um Camp eng Woch laang d'Geleeënheet Guidissem/Scoutissem ze liewen an ze erliewen.
- Mir ginn dem Wëllefchen d'Chance, eng Woch laang un engem Gemeinschaftsliewen deelzehuelen.
- Bezéiungen tëschent de Wëllefcher engersäits an tëschent de Wëllefcher an der Chefequipe andersäits loosse sech während engem Camp verdéiwen.
- Um erziéieresche Plang hunn d'Chef/tainen d'Méiglechkeet de Kanner Ëmweltbewosstsinn a Naturverbonnenheet méi no ze bréngen.
- D'Selbstännegkeet vun de Wëllefcher ka gefördert ginn.
- D'Wëllefcher kënnen aner Géigenden a Mënsche kenneléieren.
- Et besteet d'Méiglechkeet, mat anere Ruddelen zesumme ze schaffen.

7.5.3. Virbereedung

D'Virbereedung vun engem Camp ass e grouse Batz Aarbecht. Dofir ass et wichteg mat Zäiten unzefänken.

D'Chefequipe

- D'Ruddel soll genuch Chef/tainen hunn, déi mat op de Camp ginn. Ee/eng Chef/taine – ernannt oder net – pro 8 Wëllefcher ass hei eng gutt Mooss.
- Wa Problemer mat der Zuel vun de Chef bestinn soll ee mat Zäite kucken, fir genuch Leit ze engagéieren, déi mathëllefe ginn.
- Huet e Ruddel Problemer fir genuch Chef/tainë fir de Camp zesummenzegréien, kann een och Kontakt mat engem anere Ruddel ophuelen, fir eventuell zesumme mat deem op de Camp ze goen.
- Esou wäit et méiglech ass soll all Chef/taine bei der Preparatioun vum Camp hëllefen a Chargen iwwerhuelen.

D'Campplaz

- Et lount sech ëmmer, sech mat Zäiten op d'Sich no enger Campplaz ze maachen, well een esou d'Méiglechkeet huet, verschidde Plaze kucken ze goen.
- Huet een d'Méiglechkeet tëschent e puer Plazen ze wíelen, soll een déi eraussichen, déi am meeschte Virdeeler fir dat ausgewieltent Thema an déi domat verbonnen Aktivitéite bitt.
- Zu enger adäquater Campplaz fir Wëllefcher gehéiert: en Ënnerdaach fir ze schlofen, e Raum wou d'Wëllefcher sech kënnen ophalen, en Terrain fir ze spillen, eng Kichen oder eng Plaz fir eng Kichen ze installéieren, eng Méiglechkeet fir Liewensmëttel fachgerecht ze lagere an déi néideg Sanitärinstallatiounen. Lount een e Chalet, sinn dës Konditiounen meeschtens erfëllt. Campéiert een dogéint um Bauerenhaff, sou muss ee mam Proprietär klären, wéi dës Konditiounen erfëllt kënnen ginn.
- Jee nodeem wéi d'Campplaz ausgesäit, mussen eenzel Raimlechkeeten an d'Rei gesat an ofgeséichert ginn.
- Jee nom Thema wat ausgewielt gouf, soll och en Dekor fir d'Campplaz virgesi ginn.
- Wichtig bei der Auswiel vun der Campplaz ass och, dass een an der Ëmgéigend alles dat fënnt, wat ee brauch, fir déi geplangten Aktivitéiten durchzeféieren (z.B. Weeër fir de Rally, Plaz fir d'Nuetsspill, ...)

Den Transport

- Ideal ass ëmmer, wann d'Wëllefcher mat ëffentleche Verkéiersmëttel kënnen op d'Campplaz bruecht ginn.
- Sollt et net méiglech sinn d'Wëllefcher mat ëffentleche Verkéiersmëttel op de Camp ze kréien, sou besteet eng Alternativ doranner, dass d'Elteren d'Kanner op de Camp bréngen.
- Sollte während dem Camp och Transporter noutwendeg sinn (z.B. an d'Schwämm, an e Musée, ...), da gehéiert et zur Virbereedung vum Camp, déi néideg Horairen erauszefannen, Transportmëttel ze reservéieren, ... fir dass och dës Transporter reibungslos iwwert d'Bühn ginn.
- Sollte während dem Camp Wëllefcher mat Privatautoen transportéiert ginn, mussen d'Chef/taïnë sech am Viraus iwwer speziell Regele vum Code de la Route informéieren (z.B. Kannersëtzer).

De Programm

- D'Ëmfeld vun der Campplaz muss berücksichtegt ginn, wann d'Thema vum Camp festgeluecht gëtt.
Beim Festleeë vum Thema kënnen d'Wëllefcher matabezu ginn.
- Esoubal d'Thema festläit, soll d'Chefequipe e Programmiwwerbléck opstellen an dobäi oppassen, dass dat festgeluechtent Thema de roude Fuedem ass an an all Aktivitéit behandelt gëtt.
- Déi detailéiert Virbereedung vun deenen eenzelnen Aktivitéite vum Camp gëtt innerhalb vun der Chefequipe opgedeelt.
- Et soll een eng oder e puer Virbereedungsversammlunge virgesinn, wou d'Chef/tainen déi Aktivitéiten, déi si virbereet hunn, virstellen, wou dës dann duerchdiskutéiert an ëmgeännert ginn, bis doraus deen definitive Campprogramm entstanen ass.
- De Programm soll esou detailéiert ewéi méiglech schrëftlech festgehalé ginn.
- Et däerf och net vergiess gi fir en Alternativprogramm virzebereeden, deen dann agesat gëtt, wann aus irgengem Grond (meeschtens schlecht Wieder) dee Programm, dee virgesin ass, net duerchgezu ka ginn. An dësem Alternativprogramm gëtt natierlech dat gewielent Thema berücksichtegt, an d'Aktivitéiten aus dësem Programm mussen och e Bezuch zum roude Fuedem vum Camp hunn.

D'Material

- Et ass wichteg eng genee Lëscht vum ganze Material opzestellen, esouwuel fir d'Campplaz an d'Rei ze setze wéi och fir d'Aktivitéiten.
- Wat d'Material fir d'Aktivitéiten ubelaangt, esou soll all Chef/taine dofir suergen, dass dat Material, dat hien/hat fir déi Aktivitéiten déi hien/hat virbereet huet, do ass.
- Fir an deem Ganzen den Iwwerbléck ze behalen, ass et sënnvoll ee/eng responsible Chef/taine fir d'Material ze bestëmmen.
- Den Transport vum Material op d'Campplaz muss och geplangt ginn.

D'Kachen

- Si genuch Chef/tainen um Camp derbäi, kann d'Chefequipe d'Akafe vun de Liewensmëttel an d'Kache selwer iwuerhuelen. Et ka vu Virdeel sinn eng Kachequipe matzehuelen.
- D'Chef/tainë sollen net vergiessen, d'Kompetenze virum Camp ze klären. D'Kachequipe kacht an d'Chefequipe mécht de Programm! Dëst ass besonnesch wichteg, wann Eltere vu Wëllefcher mat kache ginn.
- D'Kachequipe muss awer an de Verlaf vum Camp ageweit ginn, well verschidden Aktivitéiten (z.B. Rally, ...) jo Auswirkungen op d'Aarbecht an der Kichen hunn. Dofir ass et gutt, wann een d'Kachequipe an eng Virbereedungsversammlung rufft, se mat op d'Visite vun der Campplaz hält, ...
- De Menüsplang vum Camp gëtt zesumme vu Chef- a Kachequipe festgeluecht.
- Beim Opstelle vum Menüsplang muss opgepasst ginn, dass d'Ernährung vun de Wëllefcher fir déi ganz Woch ausgeglach ass an eventuellen Allergien vu Wëllefcher oder/a Chef/tainë muss Rechnung gedroe ginn.
- Bei der Visite vun der Campplaz kann ee sech vergewësseren, wou een an der Ëmgéigend kann akafen.
- Et ass un der Chefequipe derfir ze suergen, dass op der Campplaz adäquat Lagerungsméiglechkeete fir d'Isswueren (Frigo, Killtruh, ...) sinn.

D'Gesondheet

- D'Fiche médicale soll all Wëllefche mat Zäite virum Camp kréien, fir dass seng Eltere se gewëssenhaft ausfëlle kënnen. Fichen, déi net ordentlech ausgefëllt sinn, mussen nach eng Kéier zrëck un d'Elteren. Jee nodeem wat op der Fiche médicale steet, mussen d'Chef/tainë Récksprooch mat den Elteren huelen, fir dass si genee wëssen op wat si bei wat fir engem Kand oppasse mussen, wie wat fir eng Medikamente muss kréien, ...
- E Chef/taine ass responsabel fir d'Ëischt Hëllef um Camp. Hien/hat suert och dofir, dass d'Ëischt-Hëllef-Këscht fir de Camp à jour gesat gëtt.
- Zur Virbereedung vum Camp gehéiert och Telefon an Adress vun den Dokteren an de Kliniken aus der Ëmgéigend erauszefannen, fir dass een am Noutfall keng Zäit domat verléiert.

D'Finanzen

- Et ass sännvoll e/eng responsabele Chef/taine fir d'Finanzen ze bestëmmen.
- De Responsabel stellt zesumme mat der Chefequipe e Budget fir de Camp op, woubäi sech un engem fréiere Camp orientéiert ka ginn.
- Unhand vum Budget kann de Präis vum Camp festgeluecht ginn. Dobäi kann een e Spezialpräis fir Kanner aus Familljen, déi an enger schwiereger finanzieller Situatioun sinn, festleeën.
- Sollt de Präis vum Camp fir d'Wëllefcher ze héich ginn, kann ee virgesi fir am Laf vum Guide-/Scoutsjoer verschidden Aktivitéiten ze plangen an duerchzeféieren, bei deenen den Erléis fir d'Campkees ass.
- D'Kanner brauchen op engem Wëllefcherscamp normalerweis net vill Täschegeld. Duerfir soll virum Camp scho gekläert sinn, op d'Wëllefcher Täschegeld mathuelen oder net an – wa jo – wéivill.

D'Informatioun vun den Elteren

- D'Eltere sollen esou séier ewéi méiglech den Datum an d'Plaz vum Camp matgedeelt kréien, fir dass si de Camp beim Plange vun hirer privater Vakanz berücksichtege kënnen.
- Déi schrëftlech Umeldung fir de Camp soll zimlech fréi erausgoen, fir dass d'Zuel vun de Kanner déi matginn, beim Opstelle vum Budget a beim Plange vun den Aktivitéite berücksichtegt ka ginn.
- An engem Informatiounsziel sollen d'Eltere matgedeelt kréie wat de Camp kascht, wat vu Kleeder a Material matgeholl muss ginn a wéi d'Wëllefcher op de Camp an zréck kommen.
- Sollt e Besuchsdag um Camp geplangt sinn oder wa virgesin ass, den Ofschluss vum Camp zesumme mat den Elteren ze feieren, da mussen d'Eltere mat Zäiten déi néideg Informatiounen an Umeldeformularen dofir kréien.

De Bilan

- Nieft dem Organiséiere vun engem Bilan fir de Camp soll net vergiess ginn, de Bilan vun deem leschte Camp bei der Virbereedung ze berücksichtegen.

7.5.4. Duerchféierung

D'Chefequipe

- All Chef/taine soll wa méiglech de ganze Camp do sinn. Dat ass net ëmmer méiglech (net genuch Congé, familiär Verpflichtungen, ...), mee jiddferree sollt säi Bescht maachen, fir trotzdeem de ganze Camp do ze sinn. De responsabele Chef vum Camp muss op jiddfer Fall de ganzen Zäit present sinn !!!
- Jiddfer Chef/taine soll déi Charge(n), déi hie während der Virbereedung ugeholl huet, mat Engagement um Camp duerchzéien.
- D'Chef/tainë solle sech bewusst sinn, dass si während der Dauer vum Camp de Wëllefcher e Virbild solle sinn, a sech dofir deementsprechend solle behuelen.
- Eventuell Konflikter, déi tëschent de Chef/tainen entstoe kënnen, sollen ni virun de Wëllefcher ausgedroe ginn. Si sollen innerhalb vun der Chefequipe geléist ginn an zwar esou, dass de Camp ënnert deene bescht méigleche Konditioune viru lafe kann.

D'Campplaz

- Den Dekor, dee vun der Chefequipe installéiert gouf fir d'Campplaz dem Thema e bëssen „unzepassen“, ka während dem Camp duerch Biller an aner Aarbechte vun de Wëllefcher zum Thema ergängt ginn.
- D'Campplaz soll de ganze Camp iwver opgeraumt a propper gehale ginn. Dat soll mat Hëllef vun de Wëllefcher geschéien.
- D'Chef/tainë sollen dofir suergen, dass d'Wëllefcher während dem Camp net am Materialraum an am Raum vun de Chef/tainen aus an a ginn.
- De Panno mat den Informatiounen an de Chargë fir d'Wëllefcher soll all Dag aktualiséiert ginn.

Den Transport

- Fir all Dag frësch Liewensmëttel akafen ze goen, e Wëllefche bei den Dokter ze féieren, Leit a Material op Posten ze féieren, ... ass et scho wichteg en Auto um Camp ze hunn.
- D'Chef/tainen hu vill Verantwortung, wa si mat engem Wëllefchen als Passagéier ënnerwee sinn a sollen dofir disziplinéiert a virsichteg fueren.
- Den Transport vu blesséierte Wëllefcher, jee nodeem wéi schwéier d'Blessur ass, ass net méi d'Aufgab vun de Chef/tainen. Dann ass et besser eng Ambulanz ze ruffen.

De Programm

- D'Chefequipe soll probéieren de Programm esou duerchzezéien, wéi e geplangt ass.
- De Programm soll awer net mat alle Méttelen duerchgeboxt ginn. Eng gewësse Flexibilitéit ass erfuerdert, fir dass ee sech upasse ka wann ee mierkt, dass eppes net esou kann duerchgezu gi wéi et geplangt war.
- Mussen Ëmännerungen um Programm virgeholl ginn, da soll dobei awer ëmmer probéiert ginn de roude Fue dem ze respektéieren, respektiv unzepassen.
- Owe, wann d'Wëllefcher bis am Schlofsak leien, ass Zäit fir sech an der Chefequipe zesummesetzen, de Bilan vum Dag ze maachen an de Programm vum nächste Dag duerchzekucken.

D'Material

- De responsible Chef fir d'Material suergt, datt alles iwwersichtlech gelagert ass a während dem Camp an Uerdnung bleift.
- D'Material fir Aktivitéite soll net grouss ausgestallt ginn, well doduerch kënnen emol Iwwerraschunge verrode ginn oder et kann ongewollt beschiedegt ginn.

D'Kachen

- De responsible Chef vum Camp soll dofir suergen, dass während dem Camp de Kontakt tëschent Chefequipe a Kachequipe gutt funktionnéiert.
- D'Chefequipe soll sech net ze schued si fir der Kachequipe eng Hand matunzepaken, wann Nout um Mann ass.
- D'Chef/tainë sollen deenen effektiv verbrauchte Quantitéite vu Liewensmëttel Rechnung droen an doropshin eventuell Bestellungen ëmänneren a méi oder manner akafen.
- Beim Service soll opgepasst ginn, dass keen Iesse verbëtzt gött.
- Iessreschter sollen esou gutt ewéi méiglech weider verwäert ginn.
- D'Wëllefcher sollen och kleng Chargë beim oder ronderëm d'Kachen iwwerhuelen (Dëscher decken, Dëscher ofraumen, Spullen, ev. Service, ...)

D'Gesondheet

- D'Chefequipe soll net zécke fir mat engem Kand bei den Dokter ze goen, wa Symptomer vun enger Krankheet sech weisen. Et ass besser dee Schratt ze maachen, wéi selwer ze experimentéieren.
- D'Chef/tainë mussen dofir suergen, dass Kanner, déi Medikamenter brauchen, déi och kréien an anhuelen.
- D'Kanner dierfen nëmme Medikamenter kréien, fir déi et eng Ordonnance vum Dokter gëtt oder fir déi d'Elteren ënnerschriwwen hunn, dass d'Kanner dës Medikamenter musse kréien.
- D'Toiletten an d'Wäschgeleeënheete mussen de ganze Camp iwwer propper gehale ginn.
- D'Chef/tainë musse sech vergewësseren, dass d'Wëllefcher sech och tatsächlech duschen, wäschen, ... an hir Ënnerwäsch a Kleeder regelméisseg wiesselen.
- Regelméisseg Iesszäite sollen agehale ginn.
- D'Nuetsrou um Camp ass immens wichteg, well Kanner am Wëllefchersalter brauche vill Schlof. Iwwermidd Wëllefcher ginn éischer krank wéi Kanner, déi genuch geschlof hunn.

D'Finanzen

- De responsabele Chef vun de Finanze muss dofir suergen, dass iwwert all Ausgabe Buch gefouert gëtt an dass genuch Boergeld um Camp ass.

D'Informatioun vun den Elteren

- Während dem Camp mussen d'Eltere vun de Wëllefcher informéiert ginn, wann hire Kanner eppes geschitt ass (Krankheet, Blessur, ...).
- Et lount sech och Kontakt mat den Elteren opzehuelen, wann et aner Problemer mat hire Kanner ginn (Disziplinsschwieregkeeten, ...).
- Nom Camp sollen d'Elteren d'Fiche médicale erëm zrëckkréien.

De Bilan

- All owes soll d'Chefequipe e Bilan iwwert den Dag an déi Aktivitéiten, déi deen Dag waren, maachen.
- Mat de Wëllefcher gëtt e Bilan zum Schluss vum Camp gemaach. En Tëschebilan an der Mëtt vum Camp ka fir d'Chef/tainen och hëllefräich sinn.



8. Aktivitéiten : Tableau Administratioun

Aktivitéit	Ernennung*	Formalitéiten	Autorisatioun*	Verschiedenes
Versammlung	keng Ernennung	keng	keng	Aner noutwendeg Autorisatiounen (z.B. Fierschter, ...) ufroen. De Gruppchef soll informéiert sinn.
Sortie	keng Ernennung	keng	keng	Aner noutwendeg Autorisatiounen (z.B. Fierschter, ...) ufroen.
Weekend	Ernennung als AWC	Weekend mat detailéiertem Programm spéitstens eng Woch am Virus beim Wëllefcherscommissaire umellen.	Keng (Refus vum Wëllefcherscommissaire ass méiglech, wann de WE net korrekt ugemellt gëtt)	Aner noutwendeg Autorisatiounen (z.B. Fierschter, ...) ufroen.
Komet	Eng Ernennung als AWC ass just noutwendeg, wann e Weekend gemaach gëtt.	Weekend mat detailéiertem Programm spéitstens eng Woch am Virus beim Wëllefcherscommissaire umellen, wann e Weekend gemaach gëtt.	keng	Aner noutwendeg Autorisatiounen (z.B. Fierschter, ...) ufroen.
Camp	Ernennung als AK oder AWC/AK.	Accord fir de Camp 1 Mount (Inland) resp. 3 Méint (Ausland) am Virus mat Programmiewerbléck beim Wëllefcherscommissaire ufroen + detailéierte Programm noschécken.	Schrieflech Autorisatioun vum Wëllefcherscommissaire kritt de responsable Chef geschéckt. (Refus vum Wëllefcherscommissaire ass méiglech, wann de Camp net korrekt ugemellt gëtt)	Aner noutwendeg Autorisatiounen (z.B. Fierschter, ...) ufroen. Wa Congé-éducation ugefroet gëtt, muss d'Demande fir de Camp fir den 1. Mee beim Wëllefcherscommissaire ukomm sinn.

* Och wa keng Ernennung fir dës Aktivitéit erfuert ass, muss dee responsable Chef awer am Verband vun den LGS ugemellt sinn.

9. De Bilan

Bilan maachen heescht, datt mir op eisem Wee stoe bleiwe fir ronderëm eis ze kucken. Wat ass bis elo geschitt? Wat net? Firwat? Wat wollte mir de Wëllefcher matginn, a wat ass bei hinnen ukomm? Wéi kënne mir an Zukunft weiderschaffen? Wa mir zesummen e Bilan maachen, da probéiere mir erauszesträichen, wat mir zesummen erlieft hunn a wéi mir et erlieft hunn. De Bilan gëtt esouwuel an der Chefequipe wéi och mat de Kanner gemaach no all gréisser Aktivitéit (Sortie, WE, Camp, Komet,...), awer och vun Zäit zu Zäit am Laf vum Joer, an net eréischt wann et net méi richtig leeft!

An der Chefequipe kucke mir op d'Aktivitéit zrëck. Wat ass gelaf? Hunn d'Wëllefcher all gutt matgemaach? Ware mir e Grupp oder huet jiddferen nëmmen u sech geduecht? Wéi war d'Laun an d'Atmosphär? Konnt jiddferen seng Menung soen? Huet jiddferen säi Bescht gemaach? Hu mir d'Material, d'Plaz, ... respektéiert? Hu mir wichteg Wäerter vermëttelt? A virun allem: Hu mir déi Ziler erreecht, déi mir eis gesat haten. Mir probéieren zesummen an d'Gespréich ze kommen, d.h. datt jiddferen an der Chefequipe d'Méiglechkeet muss hu fir matzeschwätzen.

De Bilan mat de Kanner soll kannergerecht sinn, net ze laang daueren a virun allem aktiv sinn. Hei geet et drëms datt mir erausfannen, wéi d'Aktivitéit de Kanner gefall huet. Hu si sech wuel gespiert am Ruddel? Ass jiddferen zum Zuch komm? Wat huet de Kanner net gefall? ...



10. Schrëtt fir Schrëtt : Dem Wëllefche seng Schrëtt op deene 5 Pisten

10.1. D'Mowglispist

No 3 Méint Ulaafszeit kritt den neie Wëllefche mam Foulard och d'Pistebichelchen iwwerrecht.

An deem Bichelche sinn ënner anerem dem Mowgli seng Schrëtt duerch den Dschungel opgezeechent, déi de Wëllefchen elo während engem Joer kann duerchzéien. Dës Mowglispist gëtt ganz am Ruddel gemaach.

10.2. Déi 4 Pisten

Déi 4 Piste sinn d'Suite vun der Mowglispist:

- si bauen op d'Mowglispist op;
- si verdéiwen d'Mowglispist;
- si bréngen nei Elementer eran.

All Pist huet eng Faarf .

10.2.1. Wiel vun der Pist

D'Kand brauch keng Reihenfolleg vun de Pisten ze wielen. Et kann un deene 4 Piste gläichzäiteg geschafft ginn. Et ass awer wichteg, datt d'Kanner de Charakter vun den eenzelnen Déieren an d'Ziler vun der jeeweileger Pist kenne léieren.

10.2.2. Schrëtt an Aktivitéiten

Déi verschidde Schrëtt ginn an d'Aktivitéite wéi Versammlung, Komet, Weekend, Camp... integréiert. Si kënnen op déi verschiddenst Manéieren an déi verschidden Themen agebaut ginn. Et soll ee vermeiden, d'Schrëtt an en Thema "eranzemurksen", wa si net dohinner passen.

Grad esou ass et net verbueden, verschidde Schrëtt méi wéi eng Kéier anzebauen.

10.2.3. Wéi schafft de Wëllefche mat de Pisten?

Am Pistebichelche ginn et zwou Zorte vu Schrëtt:

Déi Schrëtt, déi op Säite mat dësem Zeeche sinn, ginn am Ruddel gemaach.



Déi Schrëtt, déi op Säite mat dësem Zeeche sinn, ginn eleng vum Wëllefche gemaach an dono dem Chef gewisen.



D'Cheftainen a Chef solle sech déi verschidde Kanner opdeelen, sou datt d'Wëllefcher wëssen, u wie si sech solle wenden, fir gehollef ze kréien fir op hierer Piste weider ze kommen. De responsible Chef hält seng Kanner am A a begleet se.

An der Chefequipe gëtt regelméisseg Bilan gemaach.

Ass ee Schrëtt bei enger Pist erfëllt, kritt de Wëllefchen de Stempel mam Wollefskapp an de Rondel vum Schrëtt.



Sinn 3/4 vun de Schrëtt vun enger Pist gemaach, kritt de Wëllefchen de Stempel mat der Wollefspatt bei déi entspriechend Pist.



Huet hien domadder d'Mowglispist fäerdeg, kritt hie seng Patt iwverrecht a kann d'Vesprieche maachen. Bei all aner Pist kritt hien lo d'Krall an der Faarf vun der Pist.

10.3. D'Geschicht vum Mowgli a seng Schrëtt

De Mowgli kënn als klenge, virwëtzege Jong an den Dschungel. Hie wiißt an enger Wollefsfamill op. Als Friemen huet hien et net ëmmer liicht sech duerchzeschloen. Hie léiert vill vu senge Wollefsbridder an ass ganz dacks méi flénk a geschéckt wéi si. Dës Zäit ass fir hien eng Virbereedungszeit op deen Dag, wou hien um Rootsfiels an d'Wollefsruddel opgehoill gëtt.

Wéi de Mowgli gëtt och den neie Wëllefche bei eis am Ruddel opgehoill, wou hien an enger Sizaine zesumme mat Frënn erlieft, wéi et bei eis zougeet. Den neie Wëllefche léiert e ganze Koup Saachen, déi hie bis elo nach net kann huet; hien ass aktiv a sportlech, léiert op säi Kierper oppassen. Hien huet bei de Wëllefcher och d'Geleeënheet seng Gefiller ze weisen a Vertrauen zu senge Frënn ze kréien.

No engem Joer mécht d'Kand da säi Verspriechen.

10.3.1. Geschicht

An engem Bauerenduerf an Indien leeft eng Famill mat hirem klenge Jong. D'Duerf läit ganz no beim Dschungel. Well d'Elteren Angscht virum Dschungel (a besonnesch virum Tiger Shir-Khan, deen am Dschungel leeft) hunn, passe si ganz gutt op hire Jong op.

Enges Daags sëtzt de klenge Jong eleng dobausse beim Feier ze spillen. Op eemol schläicht sech de Shir-Khan vun hannen un. Wéi hie ganz no beim klenge Jong war, huet e firchterlech gebrëllt. Den Tiger spréngt mat engem risege Saz iwwer d'Feier a wëllt de klenge Jong ergräifen. Deen erfieert a leeft fort, den Tiger hannendrun. De klenge Jong huet schrecklech Angscht a leeft esou séier wéi e kann. En traut sech net méi hanneru sech ze kucken. Ausser Otem veriiert e sech an den Dschungel. Hie weess net méi wou hien drun ass. Hien ass traureg a fänkt un ze kräischen.

D'Raschka, d'Wollefsmamm, héiert dëst ongewéinlecht Geräisch, wat een normalerweis am Dschungel net ze héiere kritt.

Si zéckt net laang, hëlt de Jong mam Schlawittchen a schleeft e mat an d'Wollefshiel. Si leet hien tëscht hir kleng Wëllef, wou hie sech och gläich ganz wuel fillt.

De klenge Jong gesäit awer sou ganz anescht aus wéi d'Wëllefcher: hien huet kee Pelz, geet net op 4 Patten... an erënnert d'Raschka un e Fräsch. Duerfir gëtt si him den Numm "Mowgli".

D'Raschka mécht sech vill Gedanken iwwer de Mowgli. Wéi soll si deenen anere Wëllef aus dem Ruddel bäibréngen, dass si e Mënschekand bei sech an der Hiel versuergt? Zesumme mam Wollefspapp decidéiert si, de Mowgli mat bei de Rootsfiels ze huelen. Hei versammele sech regelméisseg all Wëllef aus dem Ruddel. Wann de Mowgli soll an d'Ruddel opgeholl ginn, mussen, nom Gesetz vum Dschungel, wéinstens zwee Wëllef domat d'accord sinn a fir de Mowgli stëmmen.

De Baloo, de bronge Bier, ass ganz begeeschtert vum Mowgli. Well hien de Schoulmeeschter vun de Wëllefcher ass, därf hien och um Rootsfiels matschwätzen. Hien ergräift Partei fir de Mowgli a seet: „Ech wëll, datt de Mowgli bei eis bleift!“

De Bagheera stëmmt him zou, hie wëllt och dass de Mowgli bei de Wëllef bleift, mä du mengt den Akela, de Chef vum Ruddel, dass de Bagheera am Wollefsrot näischt ze soen huet.

Dorophi jäizt de Bagheera:

“Ech schenken iech dee Bock, deen ech de moien do uewen am Dschungel gerass hunn, wann dir de Mowgli ophuelt.”

E Bock loossen d’Wëllef, déi ëmmer hongereg sinn, sech net laanscht d’Nues goen. De Mowgli däerf elo am Dschungel bleiwen, mee hie muss nach vill léieren, éier hie mat deene grouse Wëllef däerf op d’Juegd goen.

De Baloo bréngt dem Mowgli alles bäi, wat een am Dschungel wesse muss, fir sech erëm ze fannen. Hie léiert hien, wéi ee mat den Déieren aus dem Dschungel schwätze soll. Elo weess de Mowgli z.B., wéi ee mat deene ville Beie schwätze soll, wann een engem Schwaarm vun hinne begéint an net gepickt wëllt ginn; wéi ee sech bei de Flëntermis entschëllege soll, wann ee si am Schlof stéiert, a wéi een de Waasserschlaange Bescheed seet, ier een e Kappspronk an en Dëmpel mécht.


Donieft strolcht de Mowgli gäre mam Bagheera duerch den Dschungel.

Zesumme renne si wéi de Blëtz duerch den Dschungel, an de Mowgli léiert och vum Bagheera, wéi een op d’Beem klëmmt. No enger Zäit kann hie bal esou gutt wéi d’Afen op de Beem turnen. Geschwënn ass de Mowgli am Dschungel dee Beschten am Lafen, am Schwammen an am Klammen. Mat senge klenge Fangeren zitt de Mowgli deenen aneren Déieren Dären aus de Patten.

No engem Joer froen de Baloo an de Bagheera de Mowgli:

„Mowgli, du kenns jo elo d’Gesetz aus dem Dschungel, an du bass schonn eng gutt Zäit bei eis. Wëlls du nach méi iwver den Dschungel léieren?“

„Majo sécher, ech wëll bei iech bleiwen! Ech wëll nach gär méi léieren a mech un d’Dschungelgesetz halen.“



10.3.2. D'Schrëtt an hir Ziler

Schrëtt

- Ech spille bei engem Sketch mat
- Ech verkleeden a schminke mech flott
- Ech weess wat maachen, wann d'Nues blutt
- Ech kennen d'Gefore vum elektresche Stroum
- Ech passen op der Strooss op
- Ech respektéieren d'Essen, verbëtzen näischt an deele mat aneren
- Ech probéieren den Offall ze zortéieren
- Ech iesse gesond
- Ech kann déi 4 Himmelsrichtungen weisen
- Ech weess meng Adress richteg
- Ech fidderen d'Vullen am Wanter

Ziel

- léiere virun engem Publikum opzetrieden
- léieren eng aner Roll duerzestellen
- Eng éischt Hëllef-Moossnam kennen
- Léiere mat elektreschen Apparaten ëmzegoen
- Léiere sech richteg op der Strooss ze verhalten
- Wäert a Respekt virum Iesse kenne léieren
- D'Iddi vum Recycling kenne léieren
- Léiere wat gesond an ongesond Iessen ass
- Eischte Kontakt mat engem Kompass
- Seng perséinlech Donnéeë kennen
- Léiere sech fir d'Natur anzesetzen

Schrëtt

No engem Sträit verdroen ech mech
nees mat deem aneren

Ech invitéiere Frënn bei mech
heem, (an d'Versammlung),...

Ech wäsche meng Hänn virum Iessen

Ech wäschen nom Iesse meng Zänn

Ech hëllefe spullen, botzen, raumen, ...

Ech ginn net iwwerdriwwer laang
an ongeschützt an d'Sonn

Ech maachen e Bild oder e Collage zu
engem Thema, wat mech interesséiert

Ech ka mat engem Täschemesser
richteg ëmgoen

Ech kache mir eppes um Feier

Ziel

Léieren deen éischte Schrëtt ze maachen

Léieren eng Frëndschaft opzebauen an ze fleegen

Propretéit a Kierperhygiène léieren

Propretéit a Kierperhygiène léieren

Léieren bei Hausaarbechten ze hëllefen

D'Gefore vun der Sonn kenne léieren

Léiere sech kreativ auszudrécken

Léieren d'Täschemesser gezilt a richteg ze gebrauchen

Léiere sech beim Feier richteg ze verhalten

Schrëtt

Ech hu schonn um Weekend oder um Camp matgeholllef kachen

Ech ka meng Schong uerdentlech strécken

Ech werfen e Ball a fänken en op

Ech sprangen am Seel

Ech behuele mech geschéckt, fléck op enger Afebréck oder op enger Seelbunn

Ech maachen en Nuetsspill / Nuetsrally mat

Zil

Eng kleng Ahnung vum Kache kréien

Léieren dee richtege Knuet anzesetzen

Kierperkoordinatioun trainéieren

Kierperkoordinatioun trainéieren

Kierperkoordinatioun trainéieren

Léiere seng 5 Sënner am Däischeren ze notzen

10.4. D'Geschicht vum Baloo a seng Schrëtt

10.4.1. Geschicht vum Baloo

De Baloo, de bronge Bier, kennt sech ganz gutt am Dschungel aus. Hie gött sech mat allen Déieren of a kennt sämtlech Déieresproochen. Well hien esou e gemittleche Kärel ass a gär nolauschtert, huet hie mat villen Déiere gudde Kontakt. Vill Déiere vertraue sech him gär un, wa si emol e Problem hunn. Hie léisst sech net aus der Rou bréngen, ass gerecht an huet Versteesdemech fir jiddereen.

Op där anerer Säit genéisst de Baloo d'Liewen an ameséiert sech gär. Hie laacht gär an ass meeschtens dobäi, wann iergendwou Witzer gemaach ginn.

Hie lieft zimlech fräi am Dschungel. Well hie sech nëmme vun Hunneg, Nëss a Wuerzelen erniert, ass hie keng richtig Gefor fir iergendeen anert Déier.

Well de Baloo esou vill iwver den Dschungel weess an d'Gesetzer vum Dschungel kennt, ass hien de Schoulmeeschter vun de jonke Wëllef.

Och de Mowgli muss duerch seng Schoul goen. Esou vill Neies kënt op de Mowgli duer! Hie muss sämtlech Déieresprooche meeschteren. Hie léiert sech géint Gefore wieren. Hie muss gutt schwammen, dauchen, lafen a klamme kënnen.

Esou sëtzt de Mowgli dacks Stonnen a Stonnen do dem Baloo nozelauschteren. Mä heiansdo schwiewen dem Mowgli seng Gedanken awer of, an hie passt net méi richtig op dat op wat de Baloo seet.

De Baloo huet allerdéngs guer net gär, wann een him net nolauschtert. Hie mierkt séier, wann een net esou bei der Saach ass. Folgend Episod illustréiert dat ganz gutt: "Mowgli, widderhuel mir, wéi ee sech bei enger Flënthermaus entschëllegt, wann ee se am Schlof gestéiert huet?"

De Mowgli weess keng Äntwert. Ier hie sech émsinn huet, huet hie schonn eng mam Baloo senger grousser Patt an der Akaul: eng... an nach eng... an nach eng drëtt... esou, dass dem Mowgli de Kapp nëmmen esou dréit. Trotzeg leeft hie fort. Mä de Baloo weess, dass de Mowgli erëm zrëck kënt. Hien ass zwar heiansdo streng mam Mowgli, mä eigentlech huet hien en immens gär. Hie mengt et gutt mat him a wëllt, dass de Mowgli alles bekäppt. An hie mécht alles fir dass dem Mowgli näischt geschitt.

Kuerz duerno gesäit een déi zwee dann och erëm beieneen. De Mowgli kuschelt sech am Baloo säin décke Pelz. Do fillt hie sech gutt a vergësst „déi negativ Säiten“ (wann de Baloo z.B. zevill streng ass) erëm séier.

Eng aner Kéier gesäit een déi zwee matenee rolzen. De Mowgli spréngt da ronderëm oder turnt um Baloo sengem Bockel. De Baloo an de Mowgli hu sech esou richtig unenee gewinnt. Wann de Mowgli heiaansdo eleng am Dschungel ënnerdaucht an a Gefor ass, da kann de Baloo schéi geféierlech gi fir seng Feinden. Well hie géif näischt un de Mowgli erukomme loossen.



10.4.2. D'Schrëtt an hir Ziler

Schrëtt

Ech kann eng Adress schreiwen

Ech weess eppes iwwert Kanner aus der 3. Welt

Ech reege mech net fir all Klenggeheet direkt op, mee probéiere roueg ze soen, wa mir eppes net gefällt

Ech probéieren ze mierken, wéini en anere gär a Rou gelooss gëtt an ech respektéieren dat (um Campeng, z.B.)

Ech weess, wat fir eng Liewensmëttel sech laang oder net laang halen a wéi ee se versuergt

Ech bake mat menger Sizaine Brout

Ech weess vu wou verschidden Jessaachen hierkommen

Ech ka beim Bilan meng Meenung soen

Zil

Léiere wéi eng Adress muss ausgesinn

D'Sozialdenkweis fir déi 3. Welt wecken

Léiere mat senge Gefiller ëmzegoen

Respekt virun deenen aneren hire Gefiller léieren

Eppes iwwer Konservéierung vu Liewensmëttel léieren

Brout bake léieren

Den Hirstellungsprozess vu verschiddene Liewensmëttel kenne léieren

Sech ausdrécke léieren

Schrëtt

Ech soe firwat ech eppes gutt oder schlecht fonnt hunn

Ech weess, datt et verschidde Relioune gött

Ech mierken, wann en aneren ausgeschloss gött a probéieren dat ze verhënneren

Ech maache keen Ënnerscheid tëscht Jongen a Meedercher

Ech kann op Kannersiten am Internet surfen an eng E-Mail verschécken

Ech weess wat e Computer ass a weess domat ëmzegoen

Ech weess wéi en Handy funktionéiert a kann domat telefonéieren an en SMS verschécken

Ech kennen d'Liewe vun engem Mënsch, dee Guddes gemaach huet a probéieren dat mat menger Sizaine duerzestellen

Ech versichen e Sträit ze léisen ouni dranzeschloen a gi mam gudden Beispill vir

Zil

Seng Meenung soe léieren

Verschidde Relioune kenne léieren

Sozialverhalten entwéckelen

Gläichheitsdenken entwéckelen

Eng kleng Ahnung vum Internet kréien

Sech an der elektronnescher Welt e bëssen auskennen

Den Handy benotze léieren, besonnesch fir Noutfäll

De Virbildcharakter vun engem gudden Mënsch kenne léieren

Léieren ouni Aggressivitéit ze streiden

Schrëtt

Ech versichen, net de Geck mat deenen aneren ze maachen

Ech maachen eng Charge, déi ech kritt hu, ganz fäerdeg

Ech deele mat aneren

Ech probéiere mech mat jidderengem gutt ze verstoen

Ech weess wat eng richtig Frënderschaft ass

Ech bereeden a menger Sizaine e Spill, Lidd oder Sketch fir eng Veillée oder eng Versammlung vir



Zil

Respekt virun deem aneren hunn

Léiere Responsabilitéit ze iwwerhuelen

Léieren dass mat gi wichteg ass

Sozialverhalten entwéckelen

Sozialverhalten entwéckelen

Léieren zur Gemeinschaft eppes bäizedroen

1. Sich dir ee Lidd, Spill oder Sketch eraus.
2. Schwätz mat demeng/er Chef/taine of, wéini dass du an enger Veillée oder an enger Versammlung eppes mat denger Sizaine opféiers.
3. Trainéier deng Saach mat denger Sizaine.
4. Féier dat, wat s du mat denger Sizaine ageprouft hues, op.

Schrëtt

Ech kenne vun eisem Land verschidde Géigenden a Gebräicher

**Ziel**

Eist Land besser kenne léieren

1. Informéier dech iwwert Géigenden aus dem Land an hir Gebräicher (Bücher, Internet, ...).
2. Schwätz mat dengem Elteren iwwer dat, wat s du erausfonnt hies, a fro si op se net och esou Gebräicher kennen.
3. Erziel dengem/er Chef/taine wat s du erausfonnt hies.

Ech weess eppes vun engem frieme Land ze erzielen



Säi Wësse vun engem frieme Land un anerer weiderginn

1. Informéier dech iwwert e friemt Land (z.B. a Bücher, Internet, ...) wat dech interesséiert.
2. Kuck dir deng Informatiounen gutt un a probéier dir eng Rei wichteg Saachen ze mierken.
3. Erziel dengem/er Chef/taine wa méiglech zesumme mat denger Sizaine eppes iwwert dat friemt Land.

Schrëtt

Ech weess wat fir Iesswuere gesond si fir mäi Kierper



Ziel

Tëscht gesond an ongesonder Ernährung
ënnerscheede léieren

1. Pass während e puer Wöchen op wat s du esou alles ëss.
2. Informéier dech wat däi Kierper alles brauch a wat en net esou vill brauch.
3. Informéier dech a wat fir Iesswueren déi Saachen dra sinn.
4. Kontrolléier wéi gesond dass du ëss a schwätz doriwwer mat dengem/er Chef/taine.

Ech kenne verschidde Friichten aus Feld a Bësch



Friichten aus der Natur kenne léieren

1. Informéier dech (z.B. mat engem Bestëmmungsbuch) wat alles um Feld an am Bësch vu Friichte wüsst.
2. Mierk dir e puer vun deene Friichten a fann och eraus wat een domadder ka maachen.
3. Während engem Trëppeltour duerch d'Natur kanns du dengem/er Chef/taine an denger Sizaine erkläre wat s du iwwer déi Friichte weess. (Wann net, dann erziel dengem/er Chef/taine eng Kéier no der Versammlung eppes doriwwer).

Schrëtt

Ech kann eppes fir/mat menger Sizaine kachen



Ziel

Eng kleng Ahnung vum Kache kréien

1. Fro deng Elteren, dass si dech eppes einfaches kache léieren.
2. Trainéier dat eng Kéier doheem fir 6-8 Persounen.
3. Fro däim/deng Chef/taine um Weekend oder um Camp fir eng Kéier fir deng Sizaine ze kachen a fro och op déi néideg Zutaten do sinn.
4. Kach dann eppes fir deng Sizaine.

Ech kennen eng Geheimschrëft a kann engem aneren se erklären



Engem anere säi Wësse weider ginn

1. Pass gutt op wann dir an der Versammlung Geheimschrëfte léiert.
2. Probéier dir op d'mannst zwou verschidde Geheimschrëften ze mierken.
3. Géi eng Kéier no der Versammlung mat engem anere Wëllefche bei däi/deng Chef/taine a weiss dann dass du deem aneren eng Geheimschrëft erkläre kanns.

10.5. D'Geschicht vum Bagheera a seng Schrëtt

10.5.1. Geschicht vum Bagheera

De Bagheera, dee schwaarze Panther, huet de Mowgli um Rootsfiels fir de Präis vun engem fette Stéier fräikaaft. Hie war selwer a senger Kandheet bei de Mënsche gefaangen an huet sech duerfir agesat, datt de Mowgli fräikoum a bei de Wëllef opgeholl gouf.

Niewent dem Baloo ass de Bagheera ee vum Mowgli senge beschte Frënn. Hie kritt sech heiansdo mam Baloo an d'Hoer, wann deem den Mowgli Streech gëtt. De Mowgli ënnerhëlt wäit Sträifzich mam Bagheera durch den Dschungel. Dobäi léiert hie kloteren, d'Waasser kennen a wéi ee sech propper hält. De Bagheera léiert hien och schwammen. Als grouse Jeeër bréngt de Bagheera dem Mowgli och bäi, wéi ee sech un en Déier uschläiche kann ouni Kaméidi ze maachen. Hien trainéiert mam Mowgli zesumme fir séier a wäit ze lafen ouni midd ze ginn.

Eng vun deene spannenste Geschichten ass déi, wou de Mowgli vun den Afe gekidnappt gouf. Mee loosse mir de Bagheera emol selwer zu Wuert kommen: "Ech war ënnerwee am Dschungel, a grad wéi ech d'Spur vun engem Sambar (Hirsch) opgeholl hat, kënnt de Baloo ausser Otem ugetëfft an erzielt mir, de Mowgli wier vun den Afen, de Bandarlogs, verschleeft ginn. Ech hätt dem Baloo eng kënne jauwen, well hie loug ënnert engem Bam ze pennen am plaz opzepassen, wou hien dach wousst, datt de Mowgli esou e Liichtfank war. Mir zwee hunn eis dunn op de Wee bei de Kaa, d'Rieseschlaang, gemaach; De Kaa ass nämlech dee schlëmmste Feind vun den Afen.

Zu dräi si mir lassgezun op d'Sich nom Mowgli. De Geier Chil huet eis d'Plaz verroden, wou de Mowgli verschleeft gi war. Gott sei dank huet de Baloo dem Mowgli d'Meeschterwieder bäibruecht, wou duerch hie sech mat all Déier konnt verstännege. Mir si wéi der Däiwel an d'Afestad gerannt.

De Kaa huet sech vun der ieweschter Mauer aus un d'Afen erugeschlach. De Baloo, deen décke Batti, ass net gutt nokomm.

Ech hu mech als éischten op d'Afe gestierzt, mee wann de Baloo net gläich komm wier, da wär et mir un de Kolli gaangen, et waren der einfach ze vill.

Mee ouni de Kaa hätte mir de Mowgli ni kënne befreien. Mat sengem Schlaangebléck huet hien d'Afen eenzock hypnotiséiert an der Rei no opgefriess. Wéi de Kaa duerno säin Danz opgefouert huet, hu mir dräi eis missen aus dem Stëpps maachen, well op een Hoer hätt hien eis soss och gefriess."

10.5.2. Schrëtt an Ziler

Schrëtt

Ech kennen d'Gefore vum a beim Sport.

Ech kann an d'Waasser sprangen

Ech weess wat Kierperhygiène ass

Ech kennen déi wichtegst Verkéiersschëlder - a
Regelen als Foussgänger an als Velofuerer an ech hale
mech drun

Ech weess wat ech maachen, wann ech mech am
Bësch, an enger Stad verluer hunn

Ech weess wat ech maachen, wann ech mech um
Fanger verbrannt hunn

Ech weess firwat mäi Kierper Bewegung brauch

Ziel

Opmierksam ginn, dass et am Sport och Gefore fir
d'Gesondheet ginn an domadder ëmgoe léieren.

Angscht virum Waasser verléieren.

Léiere säi Kierper ze respektéieren.

Code de la Route besser kenne léieren.

Léiere wat ee maache muss, wann ee sech
verluer huet.

Éischt Hëllef bei Verbrennung kenne léieren.

Wëssen dass Bewegung a Sport wichteg sinn.

Schrëtt

Ech ka mäi Bols moossen a weess wat en normale Wäert ass

Ech halen am Sport duer

Ech spillen ouni engem wéi ze doen oder ze fuddelen a kann och verléieren

Ech hëllefen engem, deen net esou gutt eens gött

Ech kennen e Spill am Waasser a weisen et deenen aneren

Ziel

Iwwer wichteg Moosse vun der Gesondheet Bescheed wëssen.

Kierperlech Ausdauer fördern.

Fair-Play fördern.

Hëllefsbereitschaft fördern.

Een aneren e Spill am Waasser léieren.

1. Hues du schonn an der Schwemm oder op der Plage e Spill am Wässer gemaach, wat dir gutt gefall huet a wat s du och gäre géifs mat denge Kollegen an de Wëllefcher spillen? Wä jo, da mierk dir dat Spill.

2. Ziel dengem/er Chef/taine iwwert dat Spill a schwätz mat him/hir of, wéini dass du dat Spill eng Kéier bei de Wëllefcher maache kanns (z.B. um Camp).

3. Denk dir aus, wéi s du deenen anere Wëllefcher dat Spill bäibréngs a besuerg dir d'Material wat s du brauchts (z.B. Ball).

4. Mach et!!!



Schrëtt

Ech weess wat u mengem Velo muss dru sinn, fir datt ech op der Strooss dierf fueren.



Ziel

Léieren, säi Velo nom Code de la Route an der Rei ze hunn.

1. Kuck der däi Velo emol genee un a mierk der, wat schonn alles drun ass (z.B. wäiss Lut vir, Rückstrahler, ...).
2. Besueg der d'Broschür iwwert Kanner a Véloë vun der Sécurité Routière.
3. An där Broschür ass ganz genee gewisen, wat alles un dengem Velo muss sinn, fir dass du domat op der Strooss fueren däerfs. Elo kanns du dann esou erausfannen, wat un dengem Velo feelt (z.B. Rückstrahler an de Speechen, ...).
4. Bréng däi Velo eng Kéier mat an d'Versammlung a weiss dengem/er Chef/taine en. So him/hir, wat un dengem Velo schonn alles drun ass a wat nach feelt, fir dass du domat op der Strooss fueren däerfs.

Schrëtt

Ech weess wéi een eng Ambulanz rufft



Ech kennen e puer gëfteg Planzen



Ziel

Léieren eng richtigeg Initiativ bei engem Akzident ze ergräifen.

1. Fro bei engem Erwuessenen no, wéi ee sech uleeë muss, wann een eng Ambulanz rufft.
2. Denk der en Akzident aus (z.B. e Kolleg ass schwéier mam Velo gefall).
3. Spill mat dengem/er Chef/taine e Sketch, wou s du dee bass, deen d'Ambulanz rufft.

Erkenne vu gëftege Planzen.

1. Besuerg der e Bestëmmungsbuch (z.B. an der Schoul).
2. Sich an deem Buch no gëftege Planzen a mierk der hir Nimm, wéi se ausgesinn a wou ee se fënnt.
3. Schreif d'Nimm vu 5 gëftege Planzen op e Blat a pech oder mol e Bild vun där Planz derbäi.
4. Weiss dengem/er Chef/taine dat Blat!

Schrëtt

Ech hale mech duurch Sport a Bewegung fit



Ech kennen déi wichtegst Organer aus mengem Kierper an ech weess firwat se do sinn



Ziel

Sportlechkeet fördern

1. Schwätz mat engem Erwuessenen doriwwer, wat ee maache ka fir duurch Bewegung a Sport fit ze bleiwen.
2. Schreif op, wat s du an enger Woch gemaach hues, fir fit ze bleiwen.
3. Weïss dengem/er Chef/taine dat!

Iwwert säi Kierper Bescheed wëssen

1. Probéier eppes iwwert de mënschleche Kierper gewuer ze ginn (Buch, Computerprogramm, Internet...).
2. Probéier erauszefannen, wou Häerz, Longen, Mo, Daarm a Gehir sinn a firwat se gutt sinn.
3. Weïss dengem/er Chef/taine un dir selwer, wou dës Organer sinn a firwat ee se brauch.

10.6. D'Geschicht vum Kotick a seng Schrëtt

10.6.1. Geschicht vum Kotick

De Kotick ass e Séihond. Uewe bei Alaska op der Insel St. Paul am Beringmier ass hien op d'Welt komm. Dem Kotick säi Papp, de Schaarfzant, ass e ganz staarke Séihond. Hie gëtt vun all deenen anere gefaart. All Joer muss hie sech seng Plaz op der Insel fir seng Famill erkämpfen.

De Kotick fillt sech ganz wuel op dëser Insel. Hien huet och e puer gutt Kollegen. Mee hien ass anescht wéi déi aner Séihënn. Säi Pelz ass ganz wäiss. Seng Mamm huet dofir guer keng Schwieregkeeten, fir hien ënnert deenen anere Séihënn erëmzefannen.

Och säi Behuelen ass dacks anescht, wéi deenen anere jonke Séihënn hiert. Hien intresséiert sech fir alles, wat ronderëm hie geschitt. Näscht entgeet him. Hien denkt vill no iwwert dat wat hien erlieft an nei entdeckt. Dacks läit hien an der Sonn an dreemt esou viru sech hin.

De Kotick krut och eppes vu sengem Papp mat op de Wee. Hien ass staark a beim Schwammen dacks méi couragéis wéi all seng Kollegen. All Joer am Oktober, wann et méi kal gëtt, verloossen d'Séihënn alleguer d'Insel a Richtung Süden. Dëst ass eng laang Rees, wou de Kotick vill bäiléiert a sech géint d'Gefore vum Mier muss wieren.

D'Mënschen, déi sech an Alaska néiergelooss hunn, wëssen datt d'Séihënn all Joer zrëckkommen. Si hu sech dorop agestellt. Si fänken all Joer honnerte vu Séihënn a schloe se dout. De Pelz verkafen se fir deiert Geld.

De Kotick ass nach ni a sengem Liewe Mënsche begéint. Et huet och nach ni een him vun hinnen erzielt.

Eemol, de Kotick ass grad am Gaang Fësch ze fänken, do gesäit hien donkel Gestalten opdauchen.

“Probéier du se vun hannen ze dreiwien, ech ginn op déi aner Säit. Dreif se, dat do gëtt e gudde Fank.”

Mat engem Knëppel dreiwen d'Männer e ganze Grupp vu Séihënn vum Waasser fort an d'Land eran. De Kotick weess net, wat do vir sech geet.

Mee hie spiert, datt do eppes net an der Rei ass. Hie fänkt un ze billen. Mee keen ausser him schéngt sech drun ze stéieren.

“Dat geschitt méi dacks hei. Déi Mënsche komme regelméisseg. Wat mat eise Kollege geschitt, wësse mir net. Maach dir keng Gedanken doriwwer, kuck léiwer, dass du eppes an de Bauch kriss”, dat ass dat eenzeg, wat hien ze héiere kritt.

Mee dat Ganzt léisst dem Kotick keng Rou. Ganz entschloss watschelt hien dem gedriwwene Grupp an d'Land eran no. Hie muss einfach wësse wat geschitt.

Wat hien elo entdeckt huet, hat hie sech net erwaart. Mat décke Knëppele schloen d'Männer d'Séihënn dout. An Zäit vun zeng Minutte kann de Kotick seng Spillkomeroden net méi erëm erkennen. De Pelz gëtt hinnen ofgezunn. Iwwer fofzeg doudeg Séihënn leien do. De Kotick kann net méi nokucken. A sengem Kapp dréit et him. Hei kann hien net méi bleiwen: “Dat kann ech dach net einfach zouloossen. Wat soll dat? Dat geet dach net! Mir mussen eis wieren.” De Kotick ass ganz duurcherneen. Hie weess net méi, wat hien denke soll. Hien huet Angscht, an awer wëllt hie sech wieren. Hie muss dat do weider erzielen. Mee kee wëllt him nolauschteren. Vun esou Grausamkeete wëllt kee vun de Séihënn eppes wëssen. De Kotick steet eleng do mat senger Verzweiflung. Mee hie seet sech: “Ech ginn net op, ech kann dat einfach net zouloossen.”

Deen éischten, deen him nolauschtert, ass e Séiléiw: “Dir musst iech eng Insel eraussichen, wou d'Mënschen net hikommen”, mengt dësen. “Wann s du wirklech Hëllef brauchst, da schwamm op d'Walrossinsel; do kënne si dir vläicht weiderhëllefen.”

De Kotick wëllt keng Zäit verléieren, och wa keen hie fir sérieux hält. Hie wëllt awer alles probéieren, fir en Auswee ze fannen. Hie schwëmmt op d'Walrossinsel. Hien huet nach ëmmer dat schrecklecht Bild virun Aen, an hie gleeft drun, dass et een Auswee gëtt !

Mee och hei bei de Walrossen ass et fir de Kotick net liicht fir eppes erauszefannen. No laangem hin an hier kritt hie just gesot: “Géi bei d’Séikéi, déi kënnen dir vläicht hëllefen.”

Mä de Kotick huet keng Ahnung wou hien d’Séikéi fanne kann a wat dat fir Wiese sinn. Dat huet nämlech keen him erkläert.

Midd an e bëssen enttäuscht schwëmmt hien zrëck op seng Insel. Hei hält keen hie fir voll. “Kuck dass du staark gës fir ze kämpfen a fir eng Famill ze grënnen, dat ass elo méi wichteg”, mengt säi Papp, de Schaarfzant.

Seng Mamm, d’Matka, tréischt de Kotick: “Du kanns jo dach näischt drun änneren. Et mussen der eben all Joer esou vill vun eis stierwen. Denk net méi drun a lauschter op däi Papp.”

De Kotick awer gëtt net méi richtig frou. Hie spiert sech gedriwwen. D’Séikéi turnen him am Kapp: “Ech muss hir Insel fannen.” Hie verléisst säin Doheem. Fënnef Joer laang schwëmmt hien eleng duerch d’Mier. Hie léiert sech verdeedegen, opmierksam sinn a seng Kraaft hält zou. Dacks geet et bal ëm säi Liewen. Mee hie gëtt net op. Hie fillt sech eleng, awer hien ass staark. D’Iddi vun der verloosener Insel dreift hien ëmmer weider.

Bis op eng Kéier, hie weess selwer net wéi et gaangen ass, daucht eng Insel op, déi hie bis elo nach net entdeckt hat. Eng nei Insel. Hei wunne ganz komesch Wiesen. Esou Déieren ass hien nach ni begéint. “Sollen dat vläicht Séikéi sinn?”, denkt hien. Hie probéiert sech mat hinnen ze verstännegen, mee hie gëtt net verstanen. Mat allen Tricke probéiert hien eppes aus hinnen erauszekréien. Mee all Méi ass ëmssoss. De Kotick weess nämlech net, datt d’Séikéi, déi hei wunnen, dafstomm sinn. D’Gefill, datt hien hei kéint richtig sinn, léisst hien net lass. Hien entscheed sech, deene komesche Wiesen nozeschwammen. D’Séikéi schwammen a Richtung vun enger Küst mat ganz héije Fielsen.

“Do kënt ee jo ni erop! Déi Fielse si jo vill ze vill héich”, denkt de Kotick. Am selwechte Moment dauchen d’Séikéi ënner. Et geet duerch en Tunnel ënner dem Waasser weider. Dem Kotick geet d’Loft bal aus. Et kascht hie vill Kraaft fir de Séikéi nozekommen. Hien ass frou, wéi et erëm hell gëtt an den Tunnel zu Enn ass. De Kotick ka sengen Ae bal net trauen. Hei, déi aner Säit vum Tunnel daucht eng wonnerbar Insel op. “Hei ass d’Plaz wou keen hikënnt. Hei si mir duerch héich Fielse virun de Mënsche geschützt. Hei kënnen mir a Rou liewen”, denkt hien. De Kotick kann et bal net gleewen. Endlech huet hien déi Plaz fonnt, an et huet Krämpes kascht.

Hie kann et bal net erwaarde fir zréckzeschwammen op d’Insel St. Paul, fir seng Kollegen heihinner ze bréngen. No enger laanger Rascht schwëmmt hien zréck. Eenzel Séihënn staunen, wéi si de Kotick erëmgesinn. Hei hat bal keen hie méi erwaart. De Kotick erzielt vun der Insel, déi hie fonnt huet. Hie spruddelt nëmme sou vu Begeeschterung. D’Séihënn, déi him nolauschteren, hu vill Froen. Verschiddener kënnen sech et net sou richtig virstellen a gleewen him net. Vill awer vu senger Kollege loosse sech vum Kotick ustiechen. “Mir wëlle mat dir goen. Féier eis op déi Insel.” De Kotick kritt seng Kollegen net all iwwerzeegt. Mee déi, déi matgeschwomme sinn, déi kann de Kotick virun de Mënsche retten.



10.6.2. Schrëtt an Ziler

Schrëtt

Ech kennen d'Grenzen tëscht witzeg an domm a weess, wéini et Zäit ass domat opzehalen

Ech dancen op eng Musek an hëllefen deenen anere matzemaachen

Ech spillen eng Roll beim Theater oder bei engem Video

Ech begleeden e Lidd op engem selwergestalteten Instrument

Ech hunn eng flott Iddi fir eng Dekoratioun an hëllef se maachen

Ech probéieren ze mierke wat mech besonnesch frou, traureg oder rose mécht

Ech probéieren ze spille wéi een Trauregen, ee Frouen an ee Granzeg sech fillt

Zil

Sech Grenze setzen a léieren, déi Grenzen duerch dat eegent Verhalen anzehalen.

Kreativitéit an Expressioun duerch en Danz entwéckelen.

Kreativitéit an Expressioun duerch en Theaterstéck entwéckelen.

Léieren, duerch kreativ Aarbechte sech auszedecken.

Léieren, duerch kreativ Aarbechte sech auszedecken.

Gefiller erkennen a se ausdrécke léieren.

Gefiller erkennen a se ausdrécke léieren.

Schrëtt

Ech reege mech net fir all Klenggeheet direkt op, mee probéiere roueg ze soen, wa mir eppes net gefällt

Wä mir e Fest feieren, da maachen ech gutt mat

Ech meckeren net ëmmer, mee bréngen och nei Iddien

Ech hale mech un dat, wat ech versprach hunn

Ech sinn éierlech a soen d'Wourecht

Ech lauschteren och deenen aneren hir Meenung

Ech gesinn an, wann ech eppes falsch gemaach hunn

Ech schreiwen e flott Erlicfnes op, wat ech a menger Sizaine hat

**Zil**

Sech Grenze setzen a léieren, déi Grenzen duerch dat egent Verhalen anzehalen.

Gesellegheet entwéckelen

Léieren, positiv an negativ Kritik ze üben.

Léiere seng Versprieche anzehalen

Agesinn dass d'Wourecht wichteg ass

Sech upasse léieren an deem anere seng Meenung respektéieren.

Zu senger Feeler stoe léieren

Léieren, en Erlicfnes niddereschreiwen.

1. Fro däi/deng Chef/taine ob s du um Camp e Campbuch kanns maachen.
2. Probéier zesumme mat denger Sizaine all Dag eppes an dat Buch ze schreiwen, ze molen, ze pechen, wat dir deem Dag erlieft hutt.

Schrëtt

Ech erklären en neit Spill



Ziel

Deenen aneren eppes vu sengem Wësse weidergi beim Spill.

1. Du kenns e flott Spill, wat s du schonns eng Kéier selwer gespilt hues.
2. Iwwerlee dir, wéi ee Material dass du fir dat Spill brauchts (z.B. e Ball), a wéi s du dat Spill deenen anere Wëllefcher erkläers.
3. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini dass du dat Spill an enger Versammlung kanns maachen an ob d'Material do ass.
4. Probéier dëst Spill deenen anere Wëllefcher ze erklären.

Schrëtt

Ech léieren déi aner eppes bastelen, wat ech scho selwer gemaach hunn



Ziel

Léieren, duerch kreativ Aarbechte sech auszudrécken.

1. Du kenns eng flott Bastelaarbecht, déi s du schonns eng Kéier selwer gemaach hues.
2. Iwwerlee dir, wéi ee Material dass du fir déi Bastelaarbecht brauchts (z.B Pech, Scheier, Pabeier), a wéi s du déi Bastelaarbecht deenen anere Wëllefcher erkläers.
3. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini dass du déi Bastelaarbecht an enger Versammlung kanns maachen an op d'Material do ass.
4. Probéier dës Bastelaarbecht deenen anere Wëllefcher ze erklären.

Ech erzielen eng Geschicht



Deenen aneren eppes vu sengem Wësse weiderginn duerch eng Geschicht.

1. Du kenns eng flott Geschicht.
2. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini dass du déi Geschicht an enger Versammlung oder um Camp/Wëekend kanns erzielen.
3. Probéier dës Geschicht deenen anere Wëllefcher op eng flott Manéier ze erzielen.

Schrëtt

Ech léiere meng Sizaine en neit Lidd.



Ziel

Kreativitéit an Expressioun duerch e Lidd entwéckelen.

1. Du kenns e flott Lidd.
2. Schwätz mat engem/er Chef/taine, wéini dass du dat Lidd an enger Versammlung oder um Camp kanns sängen an ob jiddereen en Text vum Lidd kriitt.
3. Probéier dëst Lidd mat deenen anere Wëllefcher ze sängen.

Ech hunn eng flott Iddi fir eng Dekoratioun, Invitatioun, Plakat oder Menüskaart an hëllef se maachen



Léieren, duerch kreativ Aarbechte sech auszudrécken.

1. Du méchs bei dir doheem eng Feier (z.B. eng Gebuertsdaagsparty).
2. Bastel dofir eng flott Dekoratioun, Invitatioun, eng Kaart, e Plakat oder eng Menüskaart.
3. Bréng dengem/er Chef/taine dës mat.

Ech erfanne mir selwer eng Verkleedung oder eng Mask
a bastele se selwer



Léieren, duerch kreativ Aarbechte sech auszudrécken.

1. Fro däin/deng Chef/taine, wat d'Thema vun deenen nächste Versammlungen ass.
2. Bastel dir eng passend Mask oder Verkleedung zu deem Thema a bréng se mat an d'Versammlung.

10.7. D'Geschicht vum Darzee a seng Schrëtt

10.7.1 Geschicht vum Darzee

Den Darzee ass e kleng Villchen. Hie wunnt an engem schéinen Nascht, héich uewen an engem ale Bam. Hien ass e ganz geschéckte Villche mat ville gudden Iddien; dofir ass säin Nascht och dat schéinst am ganze Bësch.

De Wanter geet sengem Enn zou, an den Darzee ass gutt gelaunt, well hie sech schonn immens op d'Fréijor fret.

Mee enges Daags, et war scho géint der Owend, fänkt et am Bësch un onroueg ze ginn: d'Äscht vun de Beem ronderëm hunn ugefaang ze wibbelen an ze kréckelen; och de Bam, wou säin Nascht drop war, huet geschaukelt.

Dem Darzee seng Frënn, d'Déieren aus dem Bësch, sinn erschreckt: si sinn dorëmmer gesprongen a gelaf an hunn dem Darzee voller Angscht zougeruff: "Pass op, a maach dech séier aus dem Bësch ewech, well et kënnt e schlëmmen Orkan."

Séier mécht den Darzee sech aus sengem Nascht an aus dem Bësch eraus, a schonn héiert hien, wéi de Stuurm ënnert him d'Beem wéi Fixspéin ëmbléist.

Mee hie konnt emol net nodenken, wat do geschitt ass, well de Stuurm hie mat voller Kraaft weidergedriwwen huet. Eréischt Stonnen dono huet de Wand ugefaange sech ze leeën. Dunn eréischt konnt den Darzee ëm sech kucken a gesi wou hien dru war. Hie souz op enger Wiss no bei enger Baach, déi hien nach ni gesinn hat.

"O mei, wou sinn ech dann nëmmen hei? Mäin Nascht a meng Kollege fannen ech bestëmmt ni méi erëm", jéimert den Darzee. "Mee mat menger Flemm, déi ech hunn, kommen ech och net weider", denkt hie sech. "Ech muss mir erëm en neit Nascht bauen, soss kann ech net weiderliewen."

Hie flitt vun engem Bësch zum aneren, fir eng flott Plaz fir säin Nascht ze fannen. No laangem Siche fënnt hien e grouse Bam, deen och nach duerch aner Beem no Weste geschützt ass. Hie weess nämlech, datt vu Westen ëmmer de Wand an de Reen hierkommen. Duerfir ass hie gär zur Westsäit hi geschützt. An wann d'Sonn mëttes am Süde steet, schéngt se him souguer an d'Nascht eran.

Elo kritt hien erëm richtig Loscht, fir en neit Nascht op de Bam ze bauen. An direkt fänkt den Darzee u Reiseg, Gestrëpp an Äscht ze sichen. Hie weess natiirlech, datt hie keng dir a vermuuschten Äscht däerf huelen, well déi liicht briechen, awer och näischt vun deene schéinen Hecken däerf rappen. Duerfir sicht hie sech dréchen Äscht um Buedem.


Well den Darzee och vill Kniet an Tricke kennt, kann hie sech säin neit Nascht erëm flott arichten. A well ëmmer sou vill nei Iddien a sengem Kapp sinn, flitt hien nach e bëssen duerch d'Géigend, fir nach e puer Saache fir säin Nascht ze sichen.

Op sengem Tur gesäit hien op eemol ënnert sech en Dreckstipp: "O mei, wat läit hei Dreck, lauter Offall vun de Mënschen: Pneuen, blechen Dousen, Batterien, Alufolie... . Esou en Dreck wéi d'Mënschen es maachen, maache mir Déieren awer net!"

Ënnert dem Offall fënnt den Darzee zwar nach eng ganz Partie brauchbar Saachen, mee et ass entweder ze grouss oder ze schwéier, oder et ass näischt fir säin Nascht.

Op sengem Heemwee flitt hie lanscht e Bauerenhaff. Do sammelt hie Fiedere vun den Hénger an de Gänsen, an Hee a Stréi, fir säin Nascht nach méi dicht ze maachen.

Et gött schonn däischter an den Darzee leet sech eng éischt Kéier a senger neier Wunneng schlofen. Deen anere Moie streckt hie sech gemittlech mat deenen éischte Sonnenstralen. A fir seng Nopere kennen ze léieren an hinnen ze weise wéi gutt et him gefällt, organiséiert hien dunn e grousst Fest.



10.7.2. Schrëtt an Ziler

Schrëtt

Ech kann ëmweltfrëndlech akafen a weisen déi Erwuessen drop hin

Ech kennen de Kreeslaf vum Waasser

Ech kann enger Spur nogoen a kennen d'Pistenzechen

Ech kann zesumme mat mengem/er Chef/taine e Feier ufänken an ënnerhalen

Ech halen d'Feierplaz dono propper

Ech beobachten an der Nuecht den Himmel a weess eppes driwwer ze zielen

Ech maachen e Platteknuet an eng Aachterschléng

Ech maachen e Brelage

Ech maachen e Plang vun der Géigend

Zil

Ëmweltbewosst akaafe léieren.

De Liewenskreeslaf vum Waasser kenne léieren.

Verschiede Guide-/Scoutstechnike léieren.

Den Ëmgank mam Feier léieren.

Den Ëmgank mam Feier léieren.

Duerch d'Beobachten de Stärenhimmel kenne léieren.

Verschiede Guide-/Scoutstechnike léieren.

Verschiede Guide-/Scoutstechnike léieren.

Duerch praktesch Beispiller sech orientéiere léieren.

Schrëtt

Ech fannen e Wée op enger Kaart erëem

Ech suerge fir Uerdnung op menger Schloßplaz an a mengem Rucksak

Ech kennen e puer Tricken, wéi ee Waasser a Strom ka spueren

Ech maachen an der Natur näischt express futti

Ech geheie kee Knascht an d'Natur

Ech bitzen zwee Stécker Stoff zesummen

**Ziel**

Duerch praktesch Beispiller sech orientéiere léieren.

E gewësse Sënn fir Uerdnung kréien

Ëmweltbewosst denke léieren

D'Natur respektéieren.

D'Natur respektéieren.

Elementar Bitze léieren.

1. Besuerg dir e klengt an e bësse méi e grousst Stéck Stoff, eng Nol an e Fuedem.
2. Looss dir vun engem Erwuessene weisen, wéi een eppes zesumme bitze kann.
3. Bitz dat klengt Stéck Stoff op dat grousst.
4. Huel deng Aarbecht mat an d'Versammlung a weiss dengem/er Chef/taine se.

Schrëtt

Ech kennen e puer Déieren an hir Liewensgewunnechten



Ziel

De Liewenskreeslaf vun engem Déier kenne léieren.

1. Sich der e puer Déieren eraus.
2. Probéier esou vill ewéi méiglech iwwert dës Déieren erauszefannen (Bicher, Internet, Fierschter, ...).
3. Besuerg der e Bild vun all Déier.
4. Ziel an engger Versammlung dengem/er Chef/taine an deenen anere Wëllefcher, wat s du iwwert déi Déieren erausfonnt hues.

Ech setzen eng Planz a versuerge se



De Liewenskreeslaf vun engger Planz kenne léieren.

1. Sich - am beschten doheem - eng Planz, wou s du eppes planze kanns.
2. Sich dir eng Planz eraus, déi s du setze wëlls. Pass dobäi op, dass du och genee gewuer gëss, wéi s du dës Planz versuerge muss.
3. Setz déi Planz déi s du dir eraus gesicht hues.
4. Maach Fotoë vun denger Planz, déi wiisst.
5. Bréng d'Planz déi bléit an/oder d'Fotoë vun der Planz mat an d'Versammlung.

Schrëtt

Ech weess wéi een den Offall zortéiert a wou et Plaze gött, wou ech e kann hibréngen



Ech ka mat engem Fotoapparat ëngoen a maache mat menger Sizaine zesumme Fotoë vun enger Aktivitéit



Ziel

D'Recycléiere vum Offall kenne léieren.

1. Ëmfro dech doheem, an der Schoul, an engem Recyclingzenter, ... wéi den Offall zortéiert gött a wou een en hibréngen kann.
2. Ziel deenen anere Wëllefcher iwwert dat, wat s du eraus fonnt hues.

Den Ëmgank mat engem Fotoapparat léieren.

1. Besuerg der bei dengem Elteren oder bei der Chefequipe e Fotoapparat.
2. Maach mat dengem/er Chef/taine of, vu wat s du Fotoë méchs (Camp, Weekend, ...).
3. Schwätz dech mat deenen anere Wëllefcher aus denger Sizaine of, wie wat fotograféiert.
4. Maach d'Fotoen esou wéi ofgemaach.
5. Wéis deenen anere Wëllefcher d'Fotoen.

Schrëtt

Ech kennen d'Länner vun Europa op enger Kaart



Ziel

Eppes iwwert Europa bäiléieren.

1. Besuerg der en Atlas oder eng Landkaart.
2. Sich do selwer d'Länner vun Europa oder looss der se vun engem weisen.
3. Mierk der hir Nimm.
4. Weis dengem/er Chef/taine wat s du alles erausfonnt hues.

Ech weess wéi eng Stied a wellechem Deel vum Land leien



Eppes iwwert eist Land bäiléieren.

1. Besuerg der en Atlas oder eng Landkaart.
2. Looss der vun engem Erwuessene weisen, wou déi wichtegst Stied vun eisem Land sinn.
3. Mierk der hir Nimm an a wat fir engem Deel vum Land si sinn.
4. Weis dengem/er Chef/taine wat s du alles erausfonnt hues.

Ech kennen d'Haaptflëss, déi duerch eist Land fléissen



Eppes iwwert eist Land an Europa bäilieren.

1. Besuerg der en Atlas oder eng Landkaart.
2. Sich do selwer d'Haaptflëss vun eisem Land oder looss der se vun engem weisen.
3. Mierk der hir Nimm.
4. Weis dengem/er Chef/taine wat s du alles eraus fonnt hues.

II. Opdeele vun de Schrëtt no Themen

II.1. Liewen an der Natur

Ech kann déi 4 Himmelsrichtunge weisen (Mowgli)

Ech fidderen d'Vullen am Wanter (Mowgli)

Ech weess wat ech maachen, wann ech mech am Bësch, an enger Stad verluer hunn (Bagheera)

Ech kennen de Kreeslaf vum Waasser (Darzee)

Ech kann enger Spur nogoen a kennen d'Pistenzeechen (Darzee)

Ech beobachten an der Nuecht den Himmel a weess eppes driwwer ze zielen (Darzee)

II.2. Ëmweltschutz

Ech probéieren den Offall ze zortéieren (Mowgli)

Ech kann ëmweltfrëndlech akafen a weisen déi Erwuessen drop hin (Darzee)

Ech kennen e puer Tricken, wéi ee Waasser a Stroum ka spueren (Darzee)

Ech maachen an der Natur näischt express futti (Darzee)

Ech geheie kee Knascht an d'Natur (Darzee)



II.3. Mäi Kierper a Sport

Ech weess wat maachen, wann d'Nues blutt (Mowgli)
Ech kennen d'Gefore vum elektresche Stroum (Mowgli)
Ech iesse gesond
Ech wäsche meng Hänn virum Iessen (Mowgli)
Ech wäschen nom Iesse meng Zänn (Mowgli)
Ech ginn net iwwerdriwwe laang an ongeschützt an d'Sonn (Mowgli)
Ech werfen e Ball a fänken en op (Mowgli)
Ech sprangen am Seel (Mowgli)
Ech behuele mech geschéckt, flénk op enger Afebréck oder op enger Seelbunn (Mowgli)
Ech kennen d'Gefore vum a beim Sport (Bagheera)
Ech kann an d'Waasser sprangen (Bagheera)
Ech weess wat Kierperhygiene ass (Bagheera)
Ech weess wat ech maachen, wann ech mech um Fanger verbrannt hunn (Bagheera)
Ech weess firwat mäi Kierper Bewegung brauch (Bagheera)
Ech ka mäi Bols moossen a weess wat en normale Wäert ass (Bagheera)
Ech halen am Sport duer (Bagheera)

II.4. Guiden-/Scoutstechniken

Ech kann déi 4 Himmelsrichtunge weisen (Mowgli)
Ech ka mat engem Täschemesser richtig ëmgoen (Mowgli)
Ech kache mir eppes um Feier (Mowgli)
Ech ka meng Schong uerdentlech strécken (Mowgli)
Ech behuele mech geschéckt, flénk op enger Afebréck oder op enger Seelbunn (Mowgli)
Ech maachen en Nuetsspill / Nuetsrally mat (Mowgli)
Ech weess wat ech maachen, wann ech mech am Bësch, an enger Stad verluer hunn (Bagheera)

Ech kann enger Spur nogoen a kennen d'Pistenzeechen (Darzee)
Ech kann zesumme mat mengem/er Chef/taine e Feier ufänken
an ënnerhalen (Darzee)
Ech halen d'Feierplaz dono propper (Darzee)
Ech maachen e Platteknuet an eng Aachterschléng (Darzee)
Ech maachen e Brélage (Darzee)
Ech maachen e Plang vun der Géigend (Darzee)
Ech fannen e Wee op enger Kaart erëm (Darzee)



II.5. Um Camp/um Weekend

Ech weess wat maachen, wann d'Nues blutt (Mowgli)
Ech passen op der Strooss op (Mowgli)
Ech probéieren den Offall ze zortéieren (Mowgli)
Ech wäsche meng Hänn virum Iessen (Mowgli)
Ech wäschen nom Iesse meng Zänn (Mowgli)
Ech ginn net iwwerdriwwe laang an ongeschützt an d'Sonn (Mowgli)
Ech kache mir eppes um Feier (Mowgli)
Ech hu schonn um Weekend oder um Camp matgeholf kachen (Mowgli)
Ech ka meng Schong uerdentlech strécken (Mowgli)
Ech probéieren ze mierken, wéini en anere gär a Rou gelooss gëtt an
ech respektéieren dat (um Campeng, z.B.) (Baloo)
Ech maachen eng Charge déi ech kritt hu ganz fäerdeg (Baloo)
Ech weess wat Kierperhygiene ass (Bagheera)
Ech weess wat ech maachen, wann ech mech um Fanger
verbrannt hunn (Bagheera)
Ech suerge fir Uerdnung op menger Schlofplaz an a mengem Rucksak (Darzee)

II.6. Wäerter

Ech probéieren ze mierken, wéini en anere gär a Rou gelooss gëtt an
ech respektéieren dat (um Campeng, z.B.) (Baloo)
No engem Sträit verdroen ech mech nees mat deem aneren (Mowgli)
Ech respektéieren d'Iessen, verbëtzen näischt an deele mat aneren (Mowgli)
Ech mierken, wann en aneren ausgeschloss gëtt a probéieren dat
ze verhënneren (Baloo)
Ech versichen e Sträit ze léisen ouni dranzeschloen a gi mam
gudde Beispill vir (Baloo)
Ech versichen net de Geck mat deenen aneren ze maachen (Baloo)
Ech deele mat aneren (Baloo)
Ech probéiere mech mat jidderengem gutt ze verstoen (Baloo)
Ech weess wat eng richtig Frëndschaft ass (Baloo)
Ech spillen ouni engem wéi ze doen oder ze fuddelen a kann och
verléieren (Bagheera)
Ech hëllefengem, deen net esou gutt eens gëtt (Bagheera)
Ech reege mech net fir all Klenggeket direkt op, mee probéiere roueg ze soen,
wa mir eppes net gefällt (Bagheera)

Ech meckeren net ëmmer, mee bréngen och nei Iddien (Kotick)
Ech hale mech un dat, wat ech versprach hunn (Kotick)
Ech sinn éierlech a soen d'Wourecht (Kotick)
Ech lauschteren och deenen aneren hir Meenung (Kotick)
Ech gesinn an, wann ech eppes falsch gemaach hunn (Kotick)

11.7. Zesummeliewen

Ech weess meng Adress richtig (Mowgli)
Ech invitéiere Frënn bei mech heem, an d'Versammlung,.. (Mowgli)
Ech hëllef spillen, botzen, raumen, ...(Mowgli)
Ech kann eng Adress schreiwen (Baloo)
Ech weess eppes iwwert Kanner aus der 3. Welt (Baloo)
Ech ka beim Bilan meng Meenung soen (Baloo)
Ech soe firwat ech eppes gutt oder schlecht fonnt hunn (Baloo)
Ech weess, datt et verschidde Relioune gött (Baloo)
Ech kennen d'Liewe vun engem Mënsch, dee Guddes gemaach huet a probéieren dat mat menger Sizaine duerststellen (Baloo)
Ech bereeden a menger Sizaine e Spill, Lidd oder Sketch fir eng Veillée oder eng Versammlung vir (Baloo)
Ech kennen d'Grenzen tëscht witzeg an domm a weess, wéini et Zäit ass domat opzehalen (Kotick)
Ech danzen op eng Musek an hëllef deenen anere matzemaachen (Kotick)
Ech probéieren ze mierke wat mech besonnesch frou, traureg oder rose mécht (Kotick)
Ech probéieren ze spille wéi een Trauregen, ee Frouen an ee Granzege sech fillt (Kotick)
Wa mir e Fest feieren, da maachen ech gutt mat (Kotick)

11.8. Kreativitéit

Ech verkleeden a schminke mech flott (Mowgli)

Ech maachen e Bild oder e Collage zu engem Thema, wat mech interesséiert (Mowgli)

Ech begleeden e Lidd op engem selwergestalteten Instrument (Kotick)

Ech hunn eng flott Iddi fir eng Dekoratioun an Hëllef se maachen (Kotick)

11.9. Nei Medien, nei Techniken

Ech kann op Kannersiten am Internet surfen an eng E-Mail verschécken (Baloo)

Ech weess wat e Computer ass a weess domat ëmzegen (Baloo)

Ech weess wéi en Handy funktionéiert a kann domat telefonéieren an en SMS verschécken (Baloo)

11.10. Sécherheet/Éischt Hëllef

Ech weess wat maachen, wann d'Nues blutt (Mowgli)

Ech kennen d'Gefore vum elektresche Strom (Mowgli)

Ech passen op der Strooss op (Mowgli)

Ech ka mat engem Täschmesser richtig ëmgoen (Mowgli)


Ech kennen d'Gefore vum a beim Sport (Bagheera)

Ech kennen déi wichtegst Verkéiersschëlde a -Regelen als Foussgänger an als Velofuerer an ech hale mech drun (Bagheera)

Ech weess wat ech maachen, wann ech mech am Bësch, an enger Stad verluer hunn (Bagheera)

Ech weess wat ech maachen, wann ech mech um Fanger verbrannt hunn (Bagheera)





11.11. Animatioun

Ech spille bei engem Sketch mat (Mowgli)

Ech verkleeden a schminke mech flott (Mowgli)

Ech kennen d'Liewe vun engem Mënsch, dee Guddes gemaach huet a probéieren dat mat menger Sizaine duerststellen (Baloo)

Ech bereeden a menger Sizaine e Spill, Lidd oder Sketch fir eng Veillée oder eng Versammlung vir (Baloo)

Ech danzen op eng Musek an hëllef deenen anere matzemaachen (Kotick)

Ech spillen eng Roll beim Theater oder bei engem Video (Kotick)

Ech begleeden e Lidd op engem selwergesteltem Instrument (Kotick)

Ech probéieren ze spille wéi een Trauregen, ee Frouen an ee Granzege sech fillt (Kotick)

Wa mir e Fest feieren, da maachen ech gutt mat (Kotick)

11.12. Kachen an Iessen

Ech respektéieren d'Iessen, verbëtzen näischt an deele mat aneren (Mowgli)

Ech iesse gesond (Mowgli)

Ech kache mir eppes um Feier (Mowgli)

Ech hu schonn um Weekend oder um Camp matgeholf kachen (Mowgli)

Ech weess wat fir eng Liewensmëttel sech laang oder net laang halen a wéi ee se versuert (Baloo)

Ech bake mat menger Sizaine Brout (Baloo)

Ech weess vu wou verschidden Iesssaachen hierkommen (Baloo)



Impressum:
Methode erausgi vun de
Lëtzebuenger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher
Redaktioun: Wëllefcherséquipe
Drock: Imprimerie Saint-Paul
Oplo: 1000 Stéck

Lëtzebuerg, Oktober 2007